



hire Gedanken an der Vakanz sinn an dann alles vergiess hunn. Dann ass et einfach duerchgebaatscht ginn, dat hate mir och an der Vergaangenheet schonn, virun der grousser Vakanz, virun der Chrëscht-vakanz, mä an dëser Gréisstenuerdnung hate mer et nach ni.

Ech proposéieren duerfir, Här President, datt mer all deene Projeten zumindest sollen de Modell 1 ginn, datt hei kann eng uerdentlech Diskussioun sinn. A wa mer dës Woch net fäerdeg ginn, da solle mer als Parlament eis esou seriö huelen an net nëmmen un d'Vakanz denken, mä da solle mer nach d'nächst Woch eng Woch drunhänken an dann alleguerten déi Projeten hei seriö diskutéieren. Mir maachen eis jo am ganze Land lächerlech mat där Prozedur, déi mer hei maachen!

Deen zweete Punkt ass, Här President, mir hunn d'lescht Joer eis an eiem Reglement nei Bestëmmunge ginn iwwert d'Propositions de loi. Iwwert d'Propositions de loi, wou mer am Fong dem Deputéierte wollten d'Méiglechkeet ginn, wann en eng Proposition de loi mécht, wann en eng Initiative parlementaire mécht, datt dat dann och eng Prozedur kritt, datt dat eng Suite kritt, datt dat diskutéiert gëtt.

Mir hunn am März hei an engem fir mech e bësse fragwürdegen Eilverfahren, dee vun der Presidentekonferenz virgeschloe ginn ass, all déi Proposition-de-loien duerchgeholl, an der éischter Proposition, nämlech dat, wou d'Chamber muss driwwer befannen, ob se eng Suite där Proposition de loi gëtt, jo oder neen, an et si 27 Proposition-de-loien do zrëckbehale ginn. An déi 27 Proposition-de-loien hätte laut eiem Reglement, wat jo och Gesetzeskraaft huet, misse virun der Summer-vakanz hei um Ordre du jour vun dësem Haus stoen.

Elo huet d'Presidentekonferenz awer net eng eenzeg..., net eng eenzeg vun deene Proposition-de-loie steet um Ordre du jour. Dat heescht, mir verstoussen als Chamber géint eist eegent Reglement, wat mer eis virun engem Joer ginn hunn. An dat ka jo och net sinn, datt mir als Chamber eist eegent Reglement net méi respektéieren!

Duerfir ass meng Fro un d'Presidentekonferenz, firwat datt, nodeem am März déi Projeten alleguer heibannen an der Chamber gestëmmt si ginn, datt se an d'Suite kommen, datt se an d'Legislativ solle kommen, déi net méi op den Ordre du jour heibanne komm sinn.

Et ass eng Fro, déi ech un d'Presidentekonferenz stellen, Här President. Ech weess net, Dir sidd wahrscheinlech deen am beschte Gëeegenten, fir eis eng Äntwert dorobber ze ginn. Op jidde Fall, mir kënnen net als Chamber géint eist eegent Reglement verstoussen, an duerfir géif ech och proposéieren, mer sollen d'nächst Woch nach eng Woch drunhänken a wann néideg zwou Wochen drunhänken, wou mer alleguer déi Proposition-de-loie konform zu eiem Reglement géifen hei op den Ordre du jour setzen.

Ech fir meng Säit als President vun der Reglementskommissioun wäert dës Woch nach eng Reglementskommissioun aruffen, fir ze kucken, wéi d'Position vun der Reglementskommissioun zu der Attitüd vun der Presidentekonferenz ass, déi am Fong hei krass géint eist Reglement verstéisst.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Wëllt nach een d'Wuert zum Ordre du jour froen?

Ech wëll vläicht just dem Här Gibéryen äntwerten, ganz besonnesch op seng éischt Kritik, wat déi verschidde Modelle betrëfft, datt, wann ech elo kucken, wat ech virleien hunn - Dir hutt mat Recht gesot, déi meeschte Projete si Modèle de base a Modell 1 -, dann notzen déi allermannste Riedner d'Zäit aus, déi se emol fir déi Modellen hunn, déi mer do virgesinn hunn. Ech mengen duerfir, datt mer dee Reproche manifestement net ganz fondéiert schéngt ze sinn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President!

► **M. le Président.**- Jo.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech kann dat doten net esou am Raum stoe loossen.

► **M. le Président.**- Här Gibéryen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wa mir hei bei 13 Projeten zwou Minutte kréien, fir zu engem Projet ze schwätzen, da schreiwe mir eis net méi an. Fir just dorobber ze goen an ze soen, ech hätt keng Zäit, fir ze schwätzen, a mech dann erëm setzen ze kommen, dat huet kee Wäert! Dat ass jo lächerlech!

► **M. le Président.**- Wa keng Wuertmeldung méi zum Ordre du jour ass, kënnen mer dann iwwert den Ordre du jour ofstëmmen?

Wien ass mam Ordre du jour, esou wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloen ass, d'accord?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Vote électronique, Här President, wann ech gelift.

► **M. le Président.**- Da maache mir e Vote électronique.

**Vote**

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Den Ordre du jour, esou wéi e vun der Presidentekonferenz virgeschloe gëtt, ass ugehall mat 38 Jo-Stëmmen, 21 Neestëmmen an 1 Abstention. Domadder ass den Ordre du jour ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par Mme Christine Doerner), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Félix Eischen), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Raymond Weydert), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.*

*Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

*S'est abstenu: M. Robert Weber.*

Mir kommen dann och elo zum éischte Punkt vun dësem Ordre du jour, nämlech dem Projet de loi 61...

**(Interruption)**

Jo?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech hat eng Fro gestallt iwwer eis 26 Question-parlementairen, wou mer nach ëmmer keng Äntwert vun der Regierung kritt hunn, ob se gewëllt ass, eis déi schréfflech oder wéi...?

**(Interruption)**

► **M. le Président.**- Da kritt elo nach d'Regierung d'Wuert dozou.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Här President, am Numm vun de Kollegen huele mir déi Froe mat an d'Regierung den nächste Freideg, a mir wäerten all eise Kollege soen, datt se esou séier wéi méiglech sollen op déi Froen äntworten.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Minister.

Mir kommen dann elo definitiv zum éischte Punkt vun eiem Ordre du jour, nämlech dem Projet de loi 6148 iwwert déi staatlech Hëllef fir Studenten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären

Hauptert, Berger, Fayot, Adam, Colombero an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 6148 - Projet de loi modifiant:

**1. la loi modifiée du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures;**

**2. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;**

**3. la loi du 21 décembre 2007 concernant le boni enfant;**

**4. la loi du 31 octobre 2007 sur le service volontaire des jeunes;**

**5. le Code de la Sécurité sociale**

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications**

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer dann elo awer haut ze befannen hunn, huet, wéi all Projet, dee mat déif gräifenden Neierungen opwaart, allerhand Stëbs am Virfeld opgejot. Dat hu mer jo elo grad nach hei virdemonstréiert kritt. Dat hânt awer net nëmmen u sengem innovative Charakter, mä och dorunner, datt et ëm Sue geet.

Eigentlech ass dat Ganzt jo fir d'Éischt als Spuermoosnam geduecht - dat gëtt offensichtlech ëmmer erëm vergiess -, an et gehéiert zu deem Krisepak, deen - nom Platten...

**(Interruption)**

Dir dierft jo herno och schwätzen.

...vun der leschter Tripartite - d'Regierung am Sologank ficeléiert an net méi spéit wéi e Freideg op de Wee geschéckt huet.

Am Spuerplang vun der Regierung, déi dat anert Joer d'Statsausgaben ëm 300 Milliounen kierz wëllt, fir de Budget bis 2014 erëm an d'Gläichgewiicht ze bréngen an hir Verschëldung natierlech ofzebremse, stinn och 74 Milliounen, déi duerch d'Ofschafe vum Kannergeld a vum Kannerboni fir Héichschoulstudenten agespuert solle ginn. Et louch natierlech op der Hand, datt esou eng Sträichung net brutal an net ersatzlos geschéie kéint, à moins datt een et drop ofgesinn hätt, eise souwisou schonn ze héijen Akademikerdefizit nach weider an d'Luucht ze driewen.

Fir deem entgéintzewierken, gëtt dann elo parallel zur Sträichung vum Kannergeld, souzesoen als Ersatz, e System vu Bourssen a Studentepretë geschaf, deen derfir surge soll, datt kee Student ze kuerz kënn.

Dat héiert sech gutt un an et héiert sech och einfach un, ass awer a Wierklechkeet méi wéi komplizéiert. Schonneleng nëmmen dofir, well et net einfach ass ze verstoen, datt hei fir d'Éischt gespuert an trotzdem nei Dépensë gemaach solle ginn. D'Erklärung fir dee scheinbare Widersproch läit do, datt op där enger Säit Bourssë virgesi sinn, déi zesumme mat deenen anere Bähëllef bis op 17.700 Euro pro Joer a Student klamme kënnen, dofir dann awer op där anerer Säit, wéi am Krisepak virgesinn, um Kannergeld a bei der Besteuerung vun den Eltere vun de Studenten ewechgehunn gëtt.

Well hei esou villes beienee kënn - Kannergeld, Boni, Abatement, Prêt, Prime, Bourse an ech weess net wat nach -, ass et schwéier, sech an deem ganze Gerechens erëmzefannen. Et kann een héchstens Eenzelfäll am alen an am neie Regime matenee vergläichen, mä dat endegt dann awer gär an engem Appel-Biren-Duerchneen, an deem een da stonnelaang wulle kann, ouni sech ënnereneen eens ze ginn.

Et ass nun eemol esou, datt mir et hei mat engem total neie Konzept ze dinn hunn, dat dee gewinnene Bähëllefregime, mat direkter an indirekter Subventionéierung, gréisstendeels iwwert d'Kopp geheet. D'Philosophie bei deenen neie Studië-

bähëllefen, déi deenen zugrond läit, ass déi folgend:

D'Bénéficiairë vun der Ënnerstëtzung sollen net méi an éischer Linn d'Eltere sinn, déi via Kannergeld, Steuerabatement a Kannerboni bis elo de Gros vun de Sue kritt hunn, derbannst de Student selwer an deene meeschte Fäll, well d'Eltere sech zum Beispill gutt stoungen, nëmmen en Urecht op e Prêt remboursable - dee berühmte Prêt remboursable - zu engem Taux vun 2%, an doriwwer eraus op eng Urechnung vun den Aschreiffraisen, an eventuell op eng Prime d'encouragement hat. Vun elo u soll näischt méi un d'Elteren, mä alles un den Héichschoulstudent goen, an zwar a Form vun enger Bourse, déi bei de Prêt remboursable derbäikënn.

Doduerch, datt d'Kannergeld, dat jo bekanntlech net proportionell, mä exponentiell mat der Kannerzuel wiisst, elo fir d'Unistudenten ewechfält, ass et méiglech, datt an eenzelne Fäll deen neie System manner avantagéis ass wéi deen alen am Kumul. Duerfir gouf dann och virgesinn, datt, sollt et zu Härtefäll kommen, de Ministère nach ëmmer op eng Rallonge vun 1.000 Euro pro Student zrëckgräife kann, déi bis elo den Handicapéierte reservéiert war.

Den neie System gëllt nëmme fir Héichschoulstudenten a fir Volontairen, déi selwer oder deenen hir Elteren hei am Land wunnen. Fir déijéineg Jonk, déi no 18 Joer nach ëmmer am Lycée hänken, bleift déi al Regelung mat Kannergeld a Boni bis 27 Joer a Kraaft.

Mat Säitebléck op déi éiweg Studenten op der Uni awer gouf eng Brems agebaut. Do huet ee pro Cycle nëmmen eng sougenannten Eiereronn vun engem Joer méi zegutt, wann een am System bleiwe wëllt.

De Fait, datt déi Erspuernis, déi sech mat där neier Regelung ergëtt, zu engem gudden Deel um Bockel vun de Frontaliere gemaach gëtt, fir déi d'Kannergeld elo bei 18 amplat bei 27 Joer ophält, huet natierlech fir etlech Oprou gesuergt, well et esou ausgesäit, wéi wa mir eis hei grad op d'Käschte vun deenen 150.000 Grenzgänger gesondstousse wëilten, ouni déi mir hei am Land scho laang d'Kéier net méi géife kréien.

Wann een awer dervun ausgeet, datt eigentlech all Land sech selwer ëm seng eege Studenten ze këmmen an hinnen ze hëllefen huet, kritt dat Ganzt schonn eng liicht aner Nues a léisst sech net méi einfach als kalhärerze Geste géigeniwwer de Frontalieren usträichen. Et gëtt dermat gerecht, datt ronn 8.000 Studenten, plus honnert Volontairen, déi nei Hëllef an Usproch huele wäerten, wat enger 55 Milliounen Dépensë fir de Stat ausmaache wäert; woubäi wuelgemierkt d'Prêts remboursables net matgerechent ginn, well et sech jo hei net ëm eng direkt Dépense, eng Dépense am eigentleche Sënn, mä nëmmen ëm eng Garantie vum Stat handelt.

An deene 55 Milliounen sinn natierlech och déi 17 Milliounen schonn dran, déi haut an d'Studiebähëllef gestach ginn. Esou datt den Zousazcoût fir deen neie System bei ronn 38 Milliounen Euro läit. Vergläicht een déi 38 Milliounen mat deene 74 Milliounen, déi beim Kannergeld a beim Kannerboni agespuert ginn, da bleift ënnert dem Stréch eng Gesamterspuernis vu knapps 36 Milliounen rescht.

Déi, déi nach weider net d'Geleeënheet haben, sech mat dësem zougegebenermoosse komplizéierten Dossier ze beschäftigen, mécht dat ganz Gerechens natierlech dronken. A wahrscheinlech ass et den Auteurs vun dësem Text net besser gaangen, well soss hätte si en cours de route net ëmmer erëm un hirem Projet gefeilt, fir en esou ronn an transparent wéi méiglech ze kréien. Dobäi hu wuel och déi sëllege Kritiken um Projet eng Roll gespillt, déi net op sech waarde gelooss hunn.

Esou gouf nieft enger ganzer Kuerbel vun Detailnobesserungen ënner anerem och d'Iddi fale gelooss, de Kannerboni un d'Studenten ze iwwerweisen, dee jo eigentlech sengerzäit als eng Zort Negativsteuer agefouert gouf. Déi 922,56 Euro, déi pro Joer fir all Kand ufalen, ginn elo an e Supplément vun 1.000 Euro ëmgewandelt, déi elo bei déi 6.000 Euro Bourse an déi





6.000 Euro Prêt derbäikommen, wat dann um Enn 13.000 Euro ausmécht.

Dee Montant ass vläicht och keen Zoufall, well d'Berechnunge vum Ministère hunn erginn, datt den Duerchschneëtscout op deenen deierste Plazen - an dat ass London, dat ass Paräis, dat ass d'Schwäiz - bis 13.300 Euro am Joer ausmécht. Am Gesetz steet elo, datt fir den Ablack, also elo, de Plaffong pro Joer a pro Student op 17.700 festgesat gëtt; dat heescht also op 13.000 fir d'Bourse an de Prêt, plus 3.700, déi virgesi sinn, fir d'Aschreiffraisen, d'Frais d'inscription, ze kompenséieren, plus 1.000 fir handicapéiert Studenten oder sougenannt Härtefäll.

D'Abézéiung vum Boni an dee Bähillefe-Montant geet notamment op eng Empfehlung vum Statsrot zrëck, deen doran e Schrëtt a Richtung Simplification administrative gesäit. Aner Kritiken, déi virun allem aus de betroffene Milieue koumen, goufen ënnerwee och zur Kenntnis geholl, souwäit se virlouchen, mä konnten net alleguer berücksichtegt ginn.

Esou huet d'Studentevertriedung ACEL ënner anerem och gemengt, och bei de Bähillefe misst den Index spillen, wéi dat jo bis elo och effektiv de Fall war. Mä virum Hannergrond vun där onméiglecher Indexdiskussioun am Moment bei eis, passt déi Fuerderung net onbedéngt an déi därzäiteg politesch Stëmmung. Doriwwer eraus gëtt der Inflation souwiso an deem neie Gesetz Rechnung gedroen doduerch, datt de Gesetzesprojet eng periodesch Upassung vun de Bähillefen un d'Deierecht via groussherzoglecht Reglement explizit virgesäit.

D'UNEL hirersäits huet gemengt, et sollt een dat soziaalt Element, dat jo bis elo bei deenen eenzelne Bähillefe gespillt huet, net ganz ënnert den Dësch fale loossen an zum Beispill jee no sozialer Situatioun de Prêt, dee jo spéider erëmbezuelt muss ginn, an en Deel vun der Bourse ëmwandelen. Dat awer géif bedeuten, datt erëm d'Eltere mat hirer eegener Situatioun an d'Spill kommen - de Student, deem seng spéider Situatioun kennt jo am Ablack nach keen -, wat soss näischt wéi e Retour an den ale System wär.

Eng Verméschung vun deenen zwee esou grondverschiedene Systemer oder Regimer awer kënnt fir d'Regierung net a Fro, well dann de Kuddelmuddel komplett wär. Ëmmerhin awer ass, wéi gesot, fir speziell Härtefäll nach en Opschlag vun 1.000 Euro virgesinn, iwwert deen eng Kommissioun - net e Ministère, mä eng Kommissioun - ze befannen huet an där och Vertrieeder vun der UNEL a vun der ACEL setzen.

Här President, deen Duercherneen an deen Hin an Hier bei der Ausschaffung vun dëser Reform huet gewisen, datt et net grad gelongen ass op den éischte Coup, déi ideal Solutioun ronnzebréngen. Dofir wär et och ubruecht, datt no enger Zäit, wann déi éischt Erfahrungs gesammelt sinn a konkret Chiffere virleien, eng Evaluatioun vum neie Regime gemaach géif. Well esou en Iwwerschlag, deen engem en Iwwerbléck iwwert déi ganz finanziell Konsequenz vun dësem Regimewiessel erlabe géif, léisst sech beim beschte Wëllen zu dësem Zäitpunkt net maachen,...

## (Interruption)

...well et nach keng Erfahrungswärter gëtt a well och nach kee soe kann, a wéi engem Mooss d'Studenten elo vun deenen neien Hëllef Gebrauch maache wäerten; vläicht deen een oder deen anerem, dee weess dat, mä hellseheresch Fäegkeeten huet net jiddwereen heibannen.

A wann ee scho vu Statistike schwätzt: Am neie Gesetz geet och vun enger Datebank Rieds, déi deenen implizierten a responsabile Regierungsservicer e méiglechst exakt Bild vun hirer Klientell a vun hiren Engagementer verschafe soll. Allerdéngs war vergiess ginn, déi fir d'Ariichte vun esou enger Datebank vum Gesetz virgesinnen Notifikatioun bei der zoustänneger Dateschutzkommissioun anzerechen. Dat ass awer elo entre-temps geschitt, an déi kleng Feeler, déi d'CNPD am Text entdeckt huet, ginn elo am Ausféierungsreglement ausgebigelt, dat entre-temps och prett ass.

Domat wär dann de Wee definitiv fräigemaach fir deen neie Regime, dee vum nächste Schouljoer un, also am Hierscht ulafe kann; virausgesat natierlech, dëst

héicht Haus gëtt elo gréng Luucht fir dee Projet.

Här President, elo kann ee sech natierlech froen, ob dat dann elo alles esou séier huet misse goen an ob een net besser gehat hätt, déi Reform nach e bësse mauteschen ze loossen.

► **Une voix.**- Neen, net mautesche loosse! Verbesseren!

► **M. Lucien Thiel** (CSV) *rapporteur.*- Jo, mä Lëtzebuergesch ass vläicht net Äert.

► **Une voix.**- Dat ass awer e groussen Ënnerscheid.

► **M. Lucien Thiel** (CSV) *rapporteur.*- Da kéint ee jo nach hei an do dru fréckelen, wéi dat offensichtlech gewënscht gëtt, a vläicht souguer nach deen een oder anere Schéinheitsfeeler an deem Text fannen, wat bei esou enger komplexer Entreprise bestëmmt net auszuschléissen ass.

Déi Fro ass och an der Héichschoulkommissioun gestallt ginn, wou Einzelner gemengt hunn, dat Ganzt wär iwwert de Knéi gebrach an et hätt ee sech solle méi Zäit fir esou eng wichteg Reform huelen. Ech ginn zou, datt kee frou gewiescht ass, fir an deem Tempo e Projet wéi dësen iwwert d'Bühn ze dreschen, mä d'Vertreieder vun der Majoritéit an der zoustänneger Kommissioun an och de Statsrot hu matgespillt, well mir soss e ganz Joer verluer an d'Studente bis dohinner an der Loft hänke gelooss hätten.

Dofir hu mir alt e bësse Stress an der Kommissioun a Kaf geholl, an och eis Mat-aarbechter hei an der Chamber an an de Fraktiounen koumen net derlaanscht, fir am grouse Gank ze fueren. Jiddwereen huet deen néidege gudde Wëllen opbruecht an en Zant dropgeluecht, fir datt mer dach nach d'Kéier sollten an der leschter Woch kréien.

Mir Lëtzeburgerer hunn et jo éischter mat der Gemittlechkeet, wat sech zum Deel doduerch erkläert, datt et eis am Verglach zu aneren net allze schlecht geet a mir eis dofir de Luxus kënne leeschten, fir e bësse méi lues ze sinn. Mä d'Zäiten hu geännert. Esou, wéi d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie ugefaangen huet ze lappen - wat allerdéngs nach net jiddwerengem ageleecht schéngt ze hunn! -, léisst sech och d'Zäit, dee Facteur, dee jo bekanntlech ëmmer mat Sue gläichgestallt gëtt, net méi wéi Knätschgumm zéien.

Anerer géife soen, mir missten erëm méi séier a méi effikass ginn, woubäi d'Vitesse net onbedéngt mat Gerubbels a mat Haselegkeet gläichzesetzen ass. Et kann een och séier sinn an trotzdeem gutt Aarbecht maachen. Dat war dës Kéier ouni Zweifel de Fall.

Als President vun der Héichschoulkommissioun kann ech dofir nëmmen all deenen, déi mat un dësem Projet dru geschafft hunn, Merci fir hire beispillhaften Asaz soen. Ech géif awer och gär un d'Adress vun der Regierung drunhänken: Kommt net méi esou erëm!

► **Plusieurs voix.**- Aha!

► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur.*- An als Rapporteur vun dësem Projet géif ech lech am Numm vun der Majoritéit vun der Héichschoulkommissioun empfehlen, deem Gesetz elo Är Zoustëmmung ze ginn, an ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Norbert Hauptert agedroen. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Norbert Hauptert** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt dem Kolleeg Lucien Thiel fir säin ausféierleche schrëftlechen an och mündleche Rapport félicitéieren an him Merci soe fir säin onermiddlechen Asaz an dësem Projet an deene leschte 14 Deeg, ouni deen dëst Gesetz haut net hätt kënnen hei diskutéiert ginn an, ech hoffen, och gestëmmt ginn.

Hie war a sengen Ausféierungen esou komplett, datt ech mech op eng kuerz Géigeniwwerstellung vun den Iwwerleeungen, déi der aktueller Berechnung vun der staatlecher Ënnerstëtzung fir Héichschoulstudenten zugronn leien an der Berechnung, esou wéi se de Projet, deen hei virläit, proposéiert, ka beschränken.

Här President, et gëtt verschidde Grond-iwwerleeungen, fir d'Method fir d'Berechnung vun der Ënnerstëtzung vum Stat u seng Héichschoulstudenten ze bestëmmen. Eng éischt Iwwerleeung besteet doran, datt een de Student als een einfache Member vun dem Stot vu sengen Eltere considéiert. Hie bezitt normalerweis keen Akommes an dréit also net zum Ënnerhalt vum Stot bäi. Duerch seng Studien, déi meeschtens am Ausland stattfannen, stellt hien eng gréisser finanziell Belaaschtung fir seng Famill duer. Doduerch, datt hien zulaaschte vu senger Famill fält, bezitt déi Kannergeld an de Kannerbonus, an de Familljefchef bénéficiéiert weider vun der gënschterger Steuerklass.

De Stat, bei der Berechnung vu senger Ënnerstëtzung fir dem Student seng Héichschoulstudien, baséiert sech an deem Fall op déi finanziell Situatioun vum Stot an op déi zousätzlech Belaaschtungen duerch weider Kanner oder aner aussergewéinlech Ausgaben. D'Ënnerstëtzung vum Stat gëtt als Kompensatioun fir déi zousätzlech Belaaschtung vum Stot doduerch, datt hiert Kand en Héichschoulstudium absolvéiert, considéiert.

Dës Method huet als Konsequenz, datt an deene meeschte Fäll de Familljefchef ee Wuert matzeschwätze kritt, ob de Jugendlechen iwwerhaupt weiderstudéiere geet, a wa jo, wéi laang hie studéiere kann a wou hie seng Studië maache kann. Si hätt - an d'Betounung läit op „hätt“ - als Corollaire, datt de Familljefchef d'Studienhëllef géif bezéien. Hie misst awer dem Student seng Studien integral finanzéieren, an am Fall vun enger Ënnerstëtzung an der Form vun engem Prêt misst hien dës Prêt och spéider zrëckbezuelen.

Dës Method huet e puer Nodeeler. An zwar éischstens, datt de Jugendlechen net selwer iwwer säi weidere Studium decidéiere kann. Zweetens, datt doduerch eng Rei Jugendlecher de Wee zu engem Unistudium net riskéieren. Drëttens, datt, wann d'Akommes vu sengen Elteren esou héich ass, datt se net ënnert d'Konditiounen vun enger Hëllef falen, hien iwwerhaupt keng Ënnerstëtzung vum Stat ka kréien, an am Fall, wou seng Elteren him eng Ënnerstëtzung verweigeren, hien op säi Studium muss verzichten oder op aner finanziell Mëttele muss zrëckgräifen. A véiertens, datt hien an deem Fall no senger Studië mat enger Scholdlaascht dosteet, déi him an den Ufanksjore vu senger professioneller a familiärer Carrière vill ze schafe mécht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng aner Iwwerleeung, fir d'Method fir d'Berechnung vun der Héichschoulënnerstëtzung festzeleeën, besteet doran, datt een de Jugendlechen als Erwuessene betruecht mat senger eegener familiärer a finanzieller Situatioun. An deem Fall geet een dovun aus, datt hien net méi zulaaschte vu sengen Eltere läit. Dëst huet als Konsequenz, datt d'Eltere kee Kannergeld an och kee Kannerbonus méi brauchen ze bezéien. Dem Stat seng Ënnerstëtzung fir den Héichschoulstudium gëtt op déi finanziell a familiär Situatioun vum Student berechent. Dës Method huet als Virdeel, datt de Jugendleche selwer decidéiere kann, ob, wat a wou hie studéiere wëllt.

Wann d'Ënnerstëtzung héich genuch ass - an dorops kommen ech nach zrëck -, dann ass hie komplett onofhängeg vu sengem Elterehaus. An deem Fall wäert et awer och nach ëmmer Eltere ginn, déi hire Kanner weider ënnert d'Äerm gräifen, awer dat sinn individuell Décisiounen, an déi kann een ni ganz aus der Welt schafen. De Jugendleche gëtt awer net aus finanziell Grënn dovun ofgehal, fir en Héichschoulstudium an Ugrëff ze huelen, an dorops kënnt et schlussendlech un.

Här President, mir hu gesinn, datt an Zukunft ëmmer méi Aarbechtsplaze geschafe ginn, déi eng héijer Qualifikatioun verlaangen, Bac+ an doriwwer eraus. Mir hunn och gesinn, datt mer am internationale Verglach manner jonk Leit hu mat engem Héichschoulofschloss wéi dat an anere Länner de Fall ass. D'Regierung huet sech an hirem Programm als Zil gesat, méi jonk Leit mat engem Unis- respektiv Héichschoulofschloss an d'Liewen ze entloossen.

Dat sinn d'Haaptursachen, firwat se dës Paradigmewiessel, wat d'Berechnungsbasis vun der Ënnerstëtzung fir d'Héichschoul-

studië betrëfft, virgeholl huet. D'Héicht vun der Ënnerstëtzung muss awer esou festgeluecht ginn, datt de Student onofhängeg vun enger Ënnerstëtzung vum Elterehaus d'Onkäschte vu sengem Studium kann droen. Et sinn ëmmerhin 13.000 Euro d'Joer, d'Halschecht a Form vun enger Bourse, déi also net brauch zrëckbezuelen ze ginn, an déi aner Halschecht a Form vun engem Prêt zu 2% Zësen d'Joer. Dat mécht eppes méi wéi 1.000 Euro de Mount aus, woumadder een no der Berechnung vum Ministère an all Universitätsstad lieve kann.

Dernieft kann de Student en Zouschoss fir d'Aschreiwungsgebühren op der Uni bis zu 3.700 Euro pro Joer bezéien. Des Weideren ass fir grave Fäll eng zousätzlech Majoratioun vum Basisbetrag vun 1.000 Euro virgesinn.

Här President, Kollegeinnen a Kollegen, dës Method huet als Corollaire, datt de Student selwer d'Ënnerstëtzung bezitt an datt hien och spéider fir d'Zrëckbeuele vun de Prëten erugezu gëtt. Och hei gëtt et Elteren, déi hire Kanner beim Zrëckbezuelen ënnert d'Äerm wäerte gräifen, an och dat kënne mer net verhënnern, an deem kann de System och net Rechnung droen.

Dës Method huet awer als Corollaire, datt d'Kannergeld an de Kannerbonus fir d'Héichschoulstudenten ofgeschaf ginn. De Student gëtt net méi als Kand zulaaschte vu sengen Elteren, mä als selbstänneg Bierger mat senger eegener familiärer a finanzieller Situatioun betruecht.

An deem Fall ass et nëmme logesch, datt d'Ausbeuele vum Kannergeld a vum Kannerbonus mam Alter vun 18 Joer fir déi Elteren ewechfällt. Dat zielt fir all déi Leit, déi bei eis am Land e Recht op Kannergeld a Kannerbonus hunn; dat heescht, all déi Leit, déi bei eis am Land enger Aarbecht noginn, ob se am Land wunnen oder Grenzgänger sinn. Et ass also falsch ze behapten, de Gesetzesprojet géif eng Diskriminatioun fir d'Frontalieren duerstellen, déi elo kee Kannergeld a Kannerbonus méi kréie fir Kanner, déi Héichschoulstudien absolvéieren. Och d'Elteren, déi bei eis am Land wunnen, kréien dat net méi. An och de Frontalieren hir Kanner, déi op der Uni studéieren, kréien an hirem Land eng Ënnerstëtzung fir hir Studien.

Et wär also eng Discrimination à rebours fir d'Lëtzeburger Residenten, wann een de Frontaliere weider Tonne Geld an de Kannerbonus géif zoukomme loosse. Och eng Kompensatioun vum Lëtzeburger Stat un d'Frontaliere fir d'Differenz vun hiren Héichschoulënnerstëtzungen zu eise fir Kanner iwwer 18 Joer, déi weiderstudéiere ginn, esou wéi se d'Salariatskummer proposéiert huet, läit net an der Logik vun de grenziwwerschreidenden Transferten.

D'Berechnung vun den Ënnerstëtzungen un eis Héichschoulstudente berout eleng op der Schätzung vun hiren eventuellen Ausgabe während hire Studien an ass net als Kompensatioun fir de Verloscht vu Kannergeld a Kannerbonus ze considérieren.

Här President, de Projet 6148 befénnt sech awer net nëmmen an enger Logik vun engem Paradigmewiessel, wat d'Berechnung vun der staatlecher Ënnerstëtzung fir Héichschoulstudien ubelaangt. De Projet artikuliert sech och an enger Logik vu Spuermoossnamen, déi d'Regierung ugekënnegt huet, fir datt bis d'Joer 2014 de Statsbudget erëm an d'Gläichgewiicht bruecht ka ginn.

D'Erhéijung vun de staatlechen Hëlfelefen un d'Héichschoulstudenten hätt duerfir net kënnen an der heiteger finanzieller Situatioun vun eise Stat duerchgezu ginn, wann net gläichzäiteg op enger anerer Säit d'Aspuere vu staatlechen Ausgaben hätt kënne proposéiert ginn. An esou Aspuerungen hu sech aus dem Paradigmewiessel vun der staatlecher Hëllef un d'Héichschoulstudenten erginn. Well déi staatlech Hëllef lassgeléist ass vun der Iddi, si wär eng Kompensatioun fir eng méi





héich Belaaschtung fir d'Famill, an de Student als eegene Stot mat engem eegenen Akommes betruecht muss ginn, hu sech d'Kannergeld an de Kannerbonus fir den Héichschoulstudenten hir Elteren als iwwerfällig Ausgab fir de Statsbudget erginn, a si kënnen an där Logik vu Spuermoosnamen ofgeschaaft ginn.

Här President, den neie System werft eng Rei vu Froen op an huet och eng Rei Kritiken ervirgeruff. De Minister wäert bei senger Interventioun op déi Kritiken agoen. Dem Ministère senge Berechnungen no misst souzesoen all Student nom neie System méi Ennerstëtzung kréien, wéi dat bis elo de Fall war. Der Studentenorganisatioun no gëtt et Fäll, wou de Student nom neie System méi schlecht ewechkënn. Well de System sech awer eréischt muss bewäeren, muss een him d'Chance ginn, ëmgesat ze ginn. No engem Joer Experienz gesäit een dann, ob oder net a wou d'Gesetz muss nogebessert ginn.

Duerfir wär et gutt, wann d'Regierung opgrond vun den neie Berechnungen vun den Hëllefén am Laf vum Joer der Chamber kéint matdeelen, ob et Härtefäll gëtt oder net, a wa jo, wéi een d'Gesetz muss nobesseren, fir déi Härtefäll aus der Welt ze schafen.

Ech wëlt eng deementspriedend Motioun hei deponéieren, déi d'Regierung opfuert, no engem Joer eng Evaluatioun vum neie System ze maachen. An ech bréngen heimat den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- que la nouvelle loi constitue un changement de paradigme du système actuel d'aides financières pour études supérieures puisqu'il ne s'agit plus de compenser les charges familiales, mais d'offrir à chaque jeune un droit indépendant à suivre des études d'enseignement supérieur de son choix;*

*- que suite à ce changement de régime, la nouvelle loi devra faire l'objet d'une évaluation un an après son entrée en vigueur;*

*invite le Gouvernement*

*- à procéder à une telle évaluation.*

(s.) Norbert Hauptert, Sylvie Andrich-Duval, Ben Fayot, Claude Haagen, Lucien Thiel.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Norbert Hauptert. Als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, virun engem gudde Mount, do schéngt den Här Biltgen moies opgestan ze sinn, an do huet en halleluja oder heureka geruff: „Ech hunn de Student entdeckt!“ De Student, en erwuessenen a vollwäertege Mënsch, well bis elo war en e jonke Mënsch, wann e studéiere gaangen ass, an an den Ae vun der CSV beschtefalls e Kand. Duerfir krut e Kannergeld, mä säit véier Wochen ass dat elo anescht. Elo ass de Student mat 18 oder 19 Joer, wann en da studéiere geet, e richtegen, selbstständigen, erwuessene Mënsch.

► **Une voix.**- An net am Hotel Mama!

► **M. Eugène Berger (DP).**- A fir datt dann de Mënsch, dee kee Kand méi ass, ka studéiere goen, fir datt e ka selbstänneg säi Lieue maachen, kritt en dann elo finanziell ënnert d'Äerm gegräff. All Student soll also elo d'office eng Bourse kréien an dobäi dann och wéi an der Vergaangenheet en zënsängschege Prêt.

U sech kann ee mat enger Approche vun enger direkter Ennerstëtzung vu Studente bis dohinner d'accord sinn. Well, wann ee wëllt Universitätsstudie förderen, soll ee sech eng Rei Instrumenter ginn, wouzou och natierlech finanziell Hëllef gehéieren. Wann ech zum Beispill 30 Joer zrëckkucken, säit wéi ech op Première war, si

ganz vill Primaner net weiderstudéiere gaang, ebe grad well se net déi néideg finanziell Ennerstëtzung konnte kréien aus dem Elterehaus. Och ech selwer, dat war eng vun den Ursaachen, firwat ech net studéiere gaang sinn, well meng Elteren net déi néideg Suen haten oder net konnten der zur Verfügung stellen.

Mir mussen och als klengt Land derfir suergen, datt mer méi Studente wéi bis elo op d'Uni kréien, an dann ebe se esou ennerstëtzen a preparéieren, datt se dann och kënnen op d'Uni kommen an awer och do hiren Ofschloss kënnen maachen. Well mir hunn eng Welt, déi gëtt ëmmer méi eng Wëssengesellschaft. Um Aarbechtsmarché ginn ëmmer méi héich Qualifikatiounen gefrot, an de Bologna-Prozess, dee gëtt jo och d'Marschrout vir fir d'Studien an d'Diplomer duerno.

Ech wëll awer och hei eng Klamer opmaachen an ennersträichen, datt et net eleng duergeet mat Suen, fir kënnen e Studium ze packen. Dat ass vläicht méiglech op verschiddene Schickimicki-Instituter an der Schwäiz, mä op enger valabeler Uni muss een och nach eppes aneschters kënnen, also och eng adequat schoulesch fachlech Preparatioun hunn, fir op d'Uni ze goen, an och do muss een an Zukunft weiderhin Akzenter setzen. Mir brauchen och eng Reform vun eisem Secondaire, déi enner anerem dorobber misst ausgeriicht sinn, dass se méi op d'Unië preparéiert.

Wéi gesot, Här President, bis dohinner schéngt déi Iddi oder déi Geschicht vum Här Biltgen nach an der Rei ze sinn, mä da gëtt een awer stutzeg, well d'CSV entdeckt de Student als Mënsch elo beim Spueren. Well et ass eng Mesure jo, déi am Kader vun der Regierung hirem Spuerpak proposéiert gëtt, an do fänken ech dann awer e bëssen un, Schwieregkeeten ze kréie mat der Kohärenz vun där Geschicht an der Argumentatioun. Mir spueren also, andeems mer elo de Studente méi Sue ginn. Wann een also deenen engen eppes méi gëtt, da muss een awer wahrscheinlech aneren iergendwou eppes ewechhuelen, fir datt ënnert dem Stréch awer nach ka gespuert ginn.

Déi, déi méi kréien, trotz dem Spuere vun der Regierung, dat sinn also all d'Studenten aus Lëtzebuerg, déi bis elo keng Subside kruten. Wéi vill der dat ganz genau sinn, kann den Héichschoulminister net soen, well mer et hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer net fäerdeg bréngen, fir kloer, genau Zuelen op den Dësch ze kréien, wat d'Studenten an dee ganzen Domän vun den Héichschoulstudien ugeet.

Dat ass net gutt a mengen Aen, an och an engem Rapport, dee mer haut de Moien an der Familljekommissioun presentéiert kruten iwwert d'Situatioun vun de Jugendliche he zu Lëtzebuerg, gëtt dat och Säit 58, wann ech et richteg an Erënnung hunn, monéiert respektiv kritiséiert, wou gesot gëtt, datt et net gutt ass, datt mer hei an deem ganzen Domän enner anerem iwwert de CEDIES net déi néideg Zuele kënnen op den Dësch geluecht kréien, wéi vill Studenten am Ausland sinn, wie Bourssé kritt an esou weider. An dat ass och eng vun de Schwieregkeeten bei dem Diskutéieren vun dësem Projet de loi, wou ech nach eng Kéier wäert herno drop zrëckkommen.

Bon, et geet een awer dovunner aus, datt et elo grosso modo kéinten 8.000 oder méi Studente sinn, déi amplaz vum Kannergeld a Boni elo 7.000 Euro Cash als Subsid vum Stat kréien. Wann ee vergläicht mat der Situatioun vu virun, sinn dat fir déi meeschte Studenten an der Moyenne ronn 3.000 Euro méi wéi viru mam Kannergeld. An ech mengen, do seet sécherlech kee Student „nee merci“. Déi wäerten dat alleguerten huelen, an deenen ass dat dann och zimlech egal, ob muss bei der Regierung gespuert ginn oder net.

Ech muss och soen, sécherlech sinn dobäi eng Rei Studenten, deenen dat wierklech hëllef, well et ass jo och esou, datt an der Vergaangenheet Elteren, déi soi-disant ze vill verdéngt hunn, hir Kanner kee Subside kruten. Dat waren awer dann, esou wéi mir et versicht hunn ze rechnen bei eis an der Fraktioun, ronn 4.000 Euro netto. An der Vergaangenheet krut een da scho kee Subsid méi, a fir déi Famillje war et awer da wierklech schwierig, fir kënnen déi néi-

deg Suen opzebréngen, fir datt hir Kanner konnte studéiere goen.

Et gëtt awer och eng ganz Rei aner Familljen hei zu Lëtzebuerg, wou méi héich Revenue sinn - 6.000, 7.000 Euro a méi -, an där gëtt et och eng ganz Rei hei zu Lëtzebuerg, esou Stéit, respektiv nach méi héich Revenuen. Fir déi wär et awer vläicht manner urgent oder néideg gewiescht, fir elo an Zäiten, wou soll gespuert ginn, massiv staatlech Subsiden anzeféieren.

Et gëtt eng ganz Rei Famillje mat engem gudden Duerchschnittsgehalt, déi et an der Vergaangenheet awer och mam Kannergeld, dat se haten, fäerdeg bruecht hunn, fir de Kanner e valabelen Uni-studium ze proposéieren. Ech mengen, och hei an der Chamber hu mer wahrscheinlech eng ganz Rei esou Situatiounen, Stéit, wou, mengen ech, genuch Suen do wäeren, och fir datt hir Kanner kéinte studéiere goen, ouni elo déi 6.000 oder 7.000 Euro vum Stat zousätzlech ze kréien.

Op alle Fall wär et a mengen Ae méi sënnavoll gewiescht an Zäite vum Spueren, méi eng sozial selektiv oder méi eng sozial gerecht Bourse virzugesinn. Et hätt ee sech zum Beispill kënnen virstellen: All Student kritt eng Basisbourse. Ech hat gesot, elo kritt ee ronn 3.000 Euro méi. Mä datt een ongeféier kuckt, datt dat en Duerchschnitt gewiescht wär vum Kannergeld vu virun, datt een do - ech soen elo einfach eng Zuel, et ass elo keng definitiv Proposition -, datt ee gesot hätt, eng Basisbourse zum Beispill vun 3.000 Euro. Dann hätt een déi Bourse um Akommes vun der Famill, déi jo hannendrusteet, kéinte staffelen, majoréieren an dann deene méi ginn, déi et och wierklech méi gebraucht hätten.

A ganz ville Länner vun der EU ass et jo och esou, datt, wann ee kuckt déi verschidde Systemer, déi et gëtt an Europa, do, an deene meeschte Systemer, och nom Revenu vun den Eltere gekuckt gëtt, fir dann d'Bourse, déi dann och ganz oft gestaffelt ass, esou ze modeléieren.

Dann ass et och esou, datt jee no Uni 7.000 Euro Subsid vill oder wéineg sinn. Huele mer emol d'Beispill vum Student, deen um Lampertsbiere wunnt bei der Famill, deen op d'Uni.lu geet, dee kritt also elo all Joer 7.000 Euro. Ech weess elo net, ob dee wierklech déi 7.000 Euro brauch, fir zu Fouss bis op d'Uni.lu an d'Bicher kafen ze goen. Wahrscheinlech mécht e mat deene Suen och e puer aner Saachen, vläicht an d'Vakanz goen oder sech en Auto kafen.

Op där anerer Säit, jee nodeem, wou ee geet, zum Beispill op Paräis oder London, wann een dohinner studéiere geet, da kënnen déi 7.000 Euro plus Prêt ganz knapp sinn, fir kënnen iwwert d'Ronnen ze kommen.

Wat ech einfach wëll soen, et hätt ee sech also och kënnen bei deem Subsid e Kritär virstellen, deen un déi reell Studiëkäschte gebonne wär. En anere Modell kéint och dee sinn, wou ee géif de Kritär vu Leeschtung abezéien. Enner anerem gëtt et där Beispiller och am Ausland, wou dann de Student au départ méi e grouse Prêt oder praktesch alles als Prêt kritt, a wann en dann d'Joer gepackt huet respektiv en Zyklus gepackt huet, da kritt en de Prêt am Fong geholl ëmgewandelt an e Subsid. E gëtt also domadder belount, wann en dann och seng Schoul ofgeschloss huet. Domadder géif een och déi Fäll écartéieren, déi just Tourist op der Uni sinn, an da kritt een dat dann esou zrëck, oder da kritt een dann ënnert där Form de Subsid bezuelt. Dat wär och e Modell, deen ee sech kéint virstellen.

Et hätt ee sech och kënnen iwwerleeën, ob een als Stat vläicht nach méi an d'Uschafe vu Studentewunnungen an deene verschiddene Stied investéiert hätt, also méi a Sachleeschungen, an dann de Lëtzebuerger Student ennerstëtzt hätt, andeem een déi Wunneng dann zu engem ganz bëllege Loyer géif verlounen.

Et gëtt sécherlech nach aner Modeller, wéi een hätt kënnen virgoen, nëmme fir ze soen, datt een op alle Fall méi sozial gerecht an och méi bedürfs- oder bedarfsorientéiert Subsidien hätt kënnen aféieren, besonnesch eben an Zäiten, wou spueren ugesot ass. Mä hei mat dësem Projet de loi

do gëtt da ganz grousszügig mat der Stränz gefuer an dat Ganz huet dach awer iergendwéi - wéi soll ech soen? - e Geschmaach vu Cadeau, oder soll ech soe Wahlcadeau, wéi mer dat jo och bei der CSV an der Vergaangenheet scho gewinnt sinn. Dat sinn dann zum Beispill d'Mam-merent oder d'Chèque-servicen. Elo ass et also esou: No der Bomi oder der Famill kënnt dann elo de Student, dee kritt dann elo eng Studententent.

Gläichzäiteg gëtt awer anscheinend och gespuert bei dësem Pak. Wann also iwwer 8.000 Studenten hei zu Lëtzebuerg méi kréien, wou gëtt da gespuert? Wie kritt da manner?

Dat sinn zwou Zorte vu Studenten oder jonke Mënschen dann, déi manner kréien. Dat sinn zum engen d'Kanner vun de Frontalieren. Ennert dem Stréch gi jo ronn 33 oder 36 Milliounen Euro d'Joer gespuert doduerjer, datt elo kee Kannergeld méi exportéiert gëtt un d'Grenzgänger, deenen hir Kanner studéiere ginn. Dann, Här President, soll een dat och kloer an däitlech soen, an net mat Geschichte vum Student als Mënsch ugeschäert kommen, fir ze soen, mir géifen dann domadder spueren.

An do, Här President, wëll ech och soen, d'DP hat 2006 eng Reform vun Kannergeld proposéiert, andeems mer e Wunn-geld fir all jonk Familljen hei zu Lëtzebuerg wollten an och nach ëmmer wëllen aféieren. Amplaz vum Kannergeld wëlle mir, datt d'Famillje sech duerch Wunn-geld et weider kënnen leeschten, fir hei zu Lëtzebuerg ze wunnen, amplaz missen an d'Ausland auszewandern.

Mir wëllen och net d'Kannergeld ganz ofschafen, wëll ech betounen. An eiser Propos wëlle mer d'Kannergeld net ganz ofschafen, mä erofsetzen op den Niveau vun den Nopeschlänner an amplaz sozial gestaffelt Wunn-geld bezuelen. An dat ass jo d'Zil. D'Zil ass, fir Famillje mat klengen oder mëttlere Revenuë bei eiser Propos méi ze ennerstëtzen. Dat hätt och geheescht, datt manner Kannergeld an d'Ausland exportéiert gi wier. Mä dat reduzéiert Kannergeld hätten awer och nach d'Kanner vun de Frontaliere kritt, gradesou wéi hei zu Lëtzebuerg.

Wéi gesot, Här President, wann een also kloer an däitlech bei de Frontaliere spuert, da soll een dat och esou dobause soen. Wat huet jo eise President, de Claude Meisch, sech deemools missen alles unheieren, wéi mir déi Proposition gemaach hunn, vun der CSV a vun der LSAP: Mir wieren, ech weess net wat, Rietsradikaler an nach schlimmer Saache krute mer virgeworf. Den Här Bodry huet nach op sengem leschte Parteikongress gewarnt, d'DP wëllt den Export vu Kannergeld kieren. Den Här Juncker hat och an engem Zeitungsinterview, deen ech awer elo hei net méi a mengen Dokumenter hunn, nach kuerz virun de Wale gesot, dat wier jo ganz fierchterlech, wat d'Demokratesch Partei wëllt do maachen, datt mir wierklech esou wëilten do un d'Frontalieren erugen.

Jo, a wou spuert dann elo d'Regierung, Här President? Wou spuert d'Regierung mat dësem Projet? Den Här Bodry - en ass leider elo net hei - huet jo gesot, nach op sengem leschte Kongress, datt mir wëlte bei de Frontaliere spueren. Wou spuert d'Regierung hei, Här Bodry? Wou spuert d'Regierung, Här Biltgen? Et ass grad bei de Frontalieren, wou Der elo ab 21 oder ab 18 Joer kee Kannergeld a kee Boni méi ausbezult! Do gëtt mat dësem Projet gespuert! Hutt och weinstens, wann ech gelift, d'Éierlechkeet, fir dat dann esou ze soen, an dann och dat zrëckzehuelen, wat Der eise President un de Kapp gehäit hutt! An ech soen lech nach eng Kéier, eise Modell ass méi sozialgerecht a mir stinn och weiderhin zu eiser Wunn-geld-Propos.

Här President, ech hu gesot, et géif bei zwou Zorte gespuert. A wou d'Parteie mam „S“ an hirem Logo mat där neier Bourse nach spueren, dat ass bei deene sozial méi Schwaachen. De Premier huet a senger Ried zur Lag vun der Natioun gesot, datt kee Student bei dëser Reform wäert verléieren. Dat ass guer net wouer. De Minister Biltgen kann eis dat net garan-téieren, datt hei kee Student eppes verléiert. An et gesäit esou aus, datt déi Studenten, déi virun eng Bourse kruten,





well ebe grad hir Eltere kleng Revenuen haten, datt déi ënnert dem Stréch hei, bei där Propos, bei dem Här Biltgen sengem Text, déi grouss Verléierer sinn!

De Minister huet dat jo och schonn de facto an der Kommissioun agestan, datt do Leit sinn, déi wäerte Sue verléieren. Virdrun hunn ech et och héieren - wann ech dat richtig an Erënnerung hunn - beim Rapporteur respektiv och bei dem Spriecher vun der CSV. Fir d'Éischt ass gesot ginn, et wiere ronn 40 Fäll, déi géife manner kréie par rapport zu virdrun. Du war vun dräi Fäll Rieds, du vu 40 Fäll, an da schwätzt ee guer net vun deene Fäll, déi an Zukunft jo och manner kréien, well da misst ee jo och kucken, an Zukunft, wa mer deen ale System géife weiderféieren - et sinn der jo och an Zukunft, déi méi kritt hätten. Also kann een net einfach esou soen, et sinn dräi bis 40 Fäll, ouni dat dann och an d'Zukunft ze projezéieren.

Et ass jo och déi Schwierigkeet - ech hat et scho gesot -, datt hei keng Zuelen um Dësch leien, datt een do keng uerdentlech Zuele kritt, fir da kënnen och a Rou driwwer ze diskutéieren an déi Fäll dann och kloer ze identifizéieren. An och d'Studentevereenegungen, zum Beispill d'ACEL oder d'UNEL, hu sech intensiv mat deem Projet beschäftegt an Ëmfroe gemaach bei den affiliéierte Studenten, mat dem Resultat - bon, et ass elo keng Ëmfro ënner all de Studente gewiescht -, mä mat dem Resultat, datt ronn 20% vun deenen, déi géintwert hunn, op alle Fall scho gesot hunn, datt si géife bei dësem Projet vun der Regierung verléieren.

Do gëtt et da Fäll, wou e Verloscht am Joer vun 2.000 Euro méiglech ass! An e Student, deen also, wéi gesot, schonn aus Verhältnissen kënnt, wou net immens vill Suen an der Famill sinn, deen da seng Studien och op fënnf Joer plangt - et ass vläicht een, deen d'lescht Joer ugefaangen huet, deen huet op fënnf Joer seng Studië vläicht geplangt, wann en e Master mécht an e kënnt richt duerch - mat deem Budget, an da kritt deen elo also manner, dee kann da wierklech herno an d'La-bränte kommen, fir do seng Studië kënnen ofzeschlëssen. Wéi gesot, nach eng Kéier, et sinn déi sozial Mannerbemëttelt, mannerbemëttelt Familljen, Studenten, déi hei da manner kréien. Dat ass also do och, wou d'CSV/LSAP Regierung wëllt spueren.

Déi Beuerteelung hei, do sti mer jo net eleng bei dësem Gesetz mat där Beuerteelung: Och d'Gewerkschaften, den OGB-L an LCGB hunn de Gesetzestext d'lescht Woch a schaarfe Communiquéen als sozial ongerecht ofgestempelt. An ech ginn dann dovunner aus - mir hu jo och hei eminent Vertrieeder, zum Beispill vun der Gewerkschaft vum LCGB, den Här Weber, den Här Kaes, den Här Spautz -, datt déi dann herno jo och net kënnen deem Gesetz hei zoustëmmen. Oder, ech weess net, muss se sech da wahrscheinlech herno mat engem Communiqué vun hirem Communiqué distanzéieren? Dës Kéier net vum Här Thiel, mä vun hirem eegene Communiqué. Ech sinn op alle Fall gespaant, wéi si dann herno wäerten hei zu dësem Gesetzesprojet sech ausdrécken.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, den Här Biltgen huet jo och missen agestoen, datt verschidde Studente kéinte verléieren...

**(Interruptions)**

Ech hat natierlech, ech mengen, fir gerecht ze sinn, muss ech natierlech déi éierewäert Membere vum OGB-L hei och zitéieren. Ech mengen, da kucke mer dat dann herno och.

**(Interruptions)**

Dat maachen ech ni, Här President, ech zielen ëmmer op déi gutt Ënnerstëtzung vu mengem Fraktiounsresident.

Här President, ech kommen dann drop zrëck, ech hat jo gesot, datt den Här Biltgen hat scho missen an der Kommissioun agestoen, datt eng Rei Studente kéinte verléieren, och wann also déi Zuel dozou net ganz kloer ass. Duerfir huet e jo och a leschter Minutt nach d'Gesetz amendéiert, andeems en 1.000 Euro - d'Halschent als Subsid, d'Halschent als Prêt - extra virgesinn huet fir „des cas exceptionnels et graves“.

Bon, zum engen, muss ee soen, kënne 500 Euro Subsid guer net deene Fäll gerecht ginn, well hei wieren et jo dann nëmme 500 Euro Subsid, wann ech dat richtig verstanen hunn a senger Proposition, déi dann déi Studenten eventuell kéinte kréien, déi virdu méi kruten. Mä déi kënne jo awer net déi 2.000 Euro opweien. Am beschte Fall kréie se da 500 Euro manner, verléiere se, mä si verléieren nach ënnert dem Stréch eben 1.500 Euro d'Joer.

Da kënnt och nach derbäi, datt an deem Artikel - wou da virgesinn ass, fir esou Härtefäll 1.000 Euro extra virzegesinn - eng Rei Problemer juristescher Natur sinn, well et steet nämlech guer net do: Wat ass e Cas exceptionnel et grave? Dat ass guer net définéiert! Wien ass dat? An do wonneren ech mech natierlech och e bëssen iwwert de Statsrot, deen hei och an der Hetz huet misse säin Avis ofginn, datt deen domadder keng Problemer huet. Soss, an anere Gesetzer, muss jo alles ganz kloer preziséiert ginn.

Hei hätt een also misse kloer a prezis draschreien, wien esou e Fall ass, zum Beispill ab engem gewëssenen Akommes oder jee no der Situatioun vun der Famill, aus där ee kënnt. Et ass och keng kloer Prozedur virgesinn, wéi déi Fäll ofgewéckelt solle ginn. De Minister Biltgen huet an der Kommissioun gesot, do géif et e Budget derfir ginn, do gëtt et eng Kommissioun derfir. Dat ass et och schonn an der Vergaangenheet ginn.

Mä ech fannen, dat ass einfach eng erniddregend Prozedur fir esou Studenten. Amplaz datt ee géif e System fannen, dee kloer wier, wou ee kéint schnell an onbürokratesch, no klore Kritären déi Fäll léisen, mussen déi Studenten, nëmme well se aus enger sozial méi schwaacher Famill komme mat méi engem klengen Akommes, da praktesch virun en Aarmebüro als Outsider, als d'selwecht wéi déi Handicapéiert do dann hiren Dossier plädéiere goen.

Déi Propos vun de Studenten oder Studentevereenegungen, déi mir och deelen, war déi, fir kloer Plaffonge vun de Revenuë virzegesinn, fir déi Härtefäll auszemaachen, an da sozial gestaffelt Subside fir déi Fäll virzegesinn, mä leider lauschtert de Minister Biltgen awer net op d'Studenten, obwuel en déi säit engem Mount elo als erwuessen a vollwäerteg Mënschen entdeckt huet.

Här President, herno wäert dann den Héichschoulminister heihinner op d'Pult kommen, an da wäerten all déi Argumenter net gëllen. Hie wäert soen, déi Fäll, déi gëtt et souwisou guer net esou. Et sinn der net esou vill, an dat muss een aneschtens rechnen, do muss een d'Kannergeld nach matrechnen, an ëmgedréit. Et ass och schonn esou an der zoustänneger Kommissioun gaang, do stinn dann Zuele géint Zuelen!

Duerfir hate mir e puermol de Minister gefrot, fir verlässlech Zuelen ze kréien, an dat war einfach net méiglech. De Minister hat keng prezis Chifferen, an da muss een dovunner ausgoen, datt dee Projet hei och geschriwwen ass, esou wéi d'Regierung an d'Tripartite eragaangen ass, wou se och keng Zuelen haten, wéi se de Spuerpak do ausgehandelt hunn. Et ass keng gutt Aart a Weis, wéi gesot, wann een esou u wichtig Dossieren erugeet.

An der allerleschter Kommissiounssitzung krute mer dann nach e leschte Recherche-pabeier dohinnergeluecht, wou dann awer sollt d'Kannergeld mat agerechent gi sinn. Do hu mer awer ganz schnell festgestallt, datt awer dann d'Prime oder de Subsid vu virdu gefeelt huet, einfach nëmme fir ze soen, datt immens vill technesch Froen opbleiwen, och wat d'Sécurité sociale ubelaangt, an datt déi onbeäntwert bliwwen sinn.

Duerfir hate mir och als Fraktioun gefrot, fir eis méi Zäit ze loossen, fir de Projet de loi a Rou an op klore Fakte kënnen ze diskutéieren an ëmzeänneren. Well wann ee kuckt, de Projet ass den 18. Juni déposéiert ginn, d'Avisé vun de Beruffs-chambere sinn net do, d'Rapporte ginn iwwer Nuecht verschéckt, et huet ee keng Zäit fir se ze liesen, d'Dateschutzkommissioun huet och kritiséiert, datt se keng Zäit hat, fir en uerdentlechen Avis ze ginn. Also, knapps dräi Wochen nodeem e Projet déposéiert ginn ass soll dann hei iwwert d'Gesetz ofgestëmmt ginn. Hei maache

mer einfach schlecht legislativ a schlecht politesch Aarbecht. Dat ass net gutt fir d'Chamber.

D'Regierung, de Minister Biltgen hunn trotzdem drop gedréngt, fir elo dann hei e bâcléierte Projet duerch d'Chamber ze boxen. Fir d'Éischt huet e gesot: „Bon, am Hierscht kéint een och de Projet stëmmen“ - an der éischer Kommissiounssëtzung -, elo seet hien - e wénkt jo och mam Kapp -, dat wier net méi méiglech. Neen, dat ass och eng Saach vu politischem Wëllen, wann een dat wëllt maachen. Et ass och virdu gesot ginn, mir kéinten och d'nächst Joer vläicht méi e fundéierte Projet nach maachen, dann hätt ee méi Zäit.

Ech sinn nach wie vor der Meenung, datt een och hätt kënnen e Gesetz maachen, méi spéit stëmmen, dat dann applicabel réckwierkend op d'Schouljoer 2010/2011 gewiescht wier. Ech deelen also...

► **M. le Président.** - Här Berger, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Gutt, Här President, ech kommen zum Schluss. Ech gesinn, meng Zäit leeft mer fort. Ech wollt och eng Motioun déposéieren. Dann huet Der vläicht déi Zäit scho mat eran, mä ech sinn awer an enger Minutt fäerdeg fir d'Motioun, da kommen ech herno net méi fir d'Motioun.

Här President, d'DP begréisst et, datt jiddwer Student elo considéiert gëtt, datt de Student e Subsid ka kréien. Doduerjer ginn eng Rei jonk Mënsche besser gestallt, fir kënnen ze studéieren. Mir bedauern awer, datt hei net e sozial gerechten an e bedarfsorientéierte Bourssesystem an d'Wee geleet gëtt, a mat der Stränz hei verdeelt gëtt. Mir kënnen net domadder d'accord sinn, datt déi sozial méi schwaach gestallte Studenten d'Verléierer bei dësem Projet sinn.

Dës Reform gëtt iwwert de Knéi gebrach, wichtig Froe stinn op, wichtig Informatiounen feelee weiderhin, déi een awer gebraucht hätt, fir seriö iwwert de Projet kënnen ze diskutéieren an ofzestëmmen. Aus all dëse Grënn wäert meng Fraktioun sech bei dësem Projet enthalten. Ech géif dann och nach eng Motioun déposéieren, déi esou ähnlech ass, wéi déi vun der CSV. Mä et freet mech, datt si dann also och domadder d'accord sinn.

**Motion 2**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le projet de loi sous rubrique a été élaboré dans la précipitation,*

*- déplorant le fait que bon nombre d'interrogations subsistent,*

*- regrettant que des statistiques exactes n'aient pas été présentées ou analysées préalablement par le Ministre compétent,*

*- regrettant que les pertes financières pour les étudiants bénéficiant d'une bourse d'études dans le passé n'aient pas été analysées en profondeur et qu'il s'avère qu'un certain nombre d'étudiants seront désavantagés par la réforme,*

*- doutant que la majoration supplémentaire jusqu'à concurrence de 1.000 euros, pouvant être accordée à l'étudiant se trouvant dans une situation grave et exceptionnelle et qui est confronté à des charges extraordinaires, suffise à pallier cette moins-value,*

*- estimant qu'un premier bilan de la réforme s'impose directement au terme de l'année académique 2010/2011, bilan devant servir à opérer les ajustements et améliorations qui s'imposent,*

*invite le Gouvernement*

*- à se donner les moyens afin de pouvoir faire ce bilan et en tirer les conclusions directement au terme de l'année académique 2010/2011.*

(s.) *Eugène Berger, Claude Adam, Xavier Bettel, Félix Braz, Paul Helmingier.*

Wann also d'Majoritéit dat hei wëllt duerchboxen an dee Projet géint all Erwaarde géif gestëmmt ginn, da froe mer och, datt dann hei d'Chamber sech d'Aufgab gëtt, fir datt no engem Joer e seriöe Bilan gemaach gëtt, an da vläicht déi Saachen uerdentlech maachen, wou mer eis hätten e bësse méi Zäit sollte loossen. Et sinn och nach Ënnerschrëften hei, mir hunn net alleguerten ënner-

schriwwen vun der Fraktioun. Et sinn nach Plazen do, wann anerer wëllen déi Motioun ënnerschréien, da kënne se dat maachen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, Merci dem Rapporteur, President vun der Commission de l'Enseignement supérieur, fir seng gutt Aarbecht, déi net einfach war an déi hien awer maîtriséiert huet mat enger Rou an enger Iwwersiicht, fir déi ech hie wëllt félicitéieren.

Här President, d'LSAP dréit dëse Projet mat, well et e modernen a sozial fortschrëttleche Modell fir Studenteförderung ass. Et ass e Projet, deen all Jugendlechen, deen op d'Uni goe wëllt, d'Dier dofir grouss opmécht an zugläch hir Familljen an engem héije Mooss finanziell entlaascht.

Här President, dëse Projet schreift sech an an den allgemengen Effort vun onsem Land, fir méi Awunner dozou ze bréngen, Héichschoulstudien unzegoen. Mir sinn eng héich entwéckelt Gesellschaft, déi vill ausgebildete Fachkräften am private wéi am öffentleche Secteur brauch. Mir müssen der vill dovunner importéieren, net eleng well dat ons Pléséier mécht, mä well mer der selwer net genuch hunn.

Onst Land huet an de leschte 25 Joer grouss Ustrengunge fir Fuerschung an Héichschoulbildung gemaach. Mir hunn 2003 eng eegen Uni gegrënnt, déi sech gutt entwéckelt huet an och den Astieg vu ville Jonken aus dem Land selwer, den Zougank an d'Héichschoul vereinfacht. Mir müssen och méiglechst vill Kanner fit fir Unistudië maachen, an duerfir wëllt dës Regierung eng Reform vun iewechten Zyklus vum Enseignement secondaire an Enseignement secondaire technique engagéieren. Mir wëllen och méiglechst ville Kanner, egal wéi hir sozial Hierkunft ass, Studien op der Uni erméiglechen. Mir wëllen och op dësem Plang méi Chancëgläichheet fir all Kanner, ob Lëtzebuerger oder Netlëtzebuerger, déi hei liewen.

Dass dëse Projet, amplaz bis elo 17 Milliounen fir Bourssen a Primes d'encouragement an Aschreiwungshëllefen, der an der Zukunft 55 Milliounen virgesäit, ass e qualitative Sprong an der Studenteförderung zu Lëtzebuerg, deen an där Héicht eemoleg ass! D'Grondiddi vun dësem Projet ass modern a fortschrëttlech. Dat gëtt iwwregens vun alle Kritiker och unerkannt.

Firwat ass déi Iddi modern a fortschrëttlech? Mä well se déi jonk Fraen a Männer, déi op d'Uni ginn, als autonom Erwuesener unerkennt, déi d'Recht an d'Flicht hunn, selbststänneg d'Initiativ fir hir Studien ze huelen an duerchzezéien. Et ass also Schluss mat der materieller Ofhängegkeet vu jonken Adulté vun hiren Elteren. Domat ginn zugläch d'Eltere massiv entlaascht, wat besonnesch fir de Liewensniveau vu sozial méi schwaache Familljen e seriöe Fortschrëtt ass. Ze bemierken ass awer och, fir déi Onofhängegkeet do ze temperéieren, dass de Student an der Krankeversécherung vu sengen Eltere mat verséichert bleift, an d'Steierklass vun den Elteren ännert sech och net.

Fir mäin Deel, Här President, erënnert dee Modell vu Studenteförderung mech un eng laangjäreg Fuerderung, déi mir sengerzäit als Studente selwer an de 50er, 60er Joren an der deemoleger UNEL vertrat hunn. Et ass d'Iddi vun engem Présalaire fir de Student, deen als autonomen, intellektuellen Aarbechter betruecht gouf, seng eege sozial Ofsécherung a säi Loun vum Stat sollt kréien, als Géigeleeschung fir déi intellektuell Aarbecht, déi hien am Interesse vun der Gesellschaft leescht. Déi Iddi ass laang verdäiwelt ginn, well domat all Jonken, egal vu wat fir enger sozialer Origine, datselwecht als Bourse kréie sollt. Dëst war weder fir Sozialpolitik ver-





ständlech nach fir all déi, déi sech ëm d'Finanze vum Stat bekëmmert hunn.

An ech muss lech soen, Här President, ech war extrem erstaunt, wéi ech den Här Berger hei gehéiert hu säi Modell ze entwéckelen. Den Här Berger, deen an där Regierung war, déi dat viregt Gesetz vun der Studenteförderung am Joer 2000 virgeluecht huet. Well den Här Berger, deen huet wierklech eng kromm Logik: Hien huet sech doriwwer opgereegt, dass ee misst mat enger erniddregender Prozedur sozial Kritäre virweisen, fir kënnen eng Bourse ze kréien, an op där anerer Säit huet e weider näischt gemaach wéi sozial Kritären opzestellen. A säi Modell, Här President, géif derzou féieren, dass een e grouse bürokrateschen Apparat misst opbauen, fir iwwerhaupt seng Virstellung ze realiséieren.

Mir gesinn awer haut ëmmer méi, an dat ass de Punkt, op deen ech wëll kommen, eng modern Gesellschaft muss sech ëm hir Kaderen op alle Pläng bekëmmern. De Stat huet d'Verantwortung, fir seng Eliten - wëssenschaftlecher, technescher, kultureller, wirtschaftlecher - ze förderen an auszebauen. Déi Eliten, ouni déi kee Land sech méi weiderentwéckelen an un déi nei Welt upasse kann.

Déi Verantwortung koom wuel an de verschiddene Fördergesetze bis elo zum Virschäin, mä si war an der Haaptsaach sozial selektiv. Dat heescht, si huet sech domat begnügt, déi sozial Problemer ze léisen, déi fir eng Famill géifen entstoën, wann ee Kand op d'Uni geet. En Zougank zu den Unistudië war an der Haaptsaach vun der sozialer Situatioun vun den Elteren ofhängeg.

Duerfir mengen ech schonn, entgéint deem, wat am Här Hoffmann sengem Text steet vum Här Urbany, dass dës wierklech e Présalaire ass, deen een och als solchen unerkennt. Ech hu keen Argument an dem Här Hoffmann sengem Pabeier gesinn, fir dat ze widderleeën. Mat dësem Projet also geet Lëtzebuerg op en neie Wee, deen den Zougank zu den Unistudien demokratiséiere wäert.

Nun ass ëm dës sécher generéisen a moderne Projet, mat enger héijer Signalwirkung fir de Bildungsstand vun onsem Land, vill Polemik a Kritik entstanen. Ech wëll déi Polemik an déi Kritik net jugéieren, ech wëll just op deen een oder deen aneren Element agoen. Zum Beispill ass gesot ginn, de Projet ass en Element vum Spuerpak vun der Regierung. Dat gëtt vu munchen als eng Sënn ugekuckt. Mä spueren muss de Lëtzeburger Stat, wann en net all Joer eng nei Milliard wëllt léine goen, fir säi Budget an d'Gläichgewicht ze bréngen.

D'Spueren, an dësem Fall, besteet danner, dat ass hei scho gesot ginn, dass d'Kannerzoulage fir Studenten net méi bis 27 Joer ausbezuelte ginn an dass d'Studentenhëllef op Résidentë beschränkt gëtt.

Eng wesentlech Kritik dréit ëm d'Frontalieren, fir déi d'Kannerzoulage bis 27 Joer ewechfalen an déi keng Contrepartie vum Lëtzeburger Stat kréien, wann hir Kanner studéieren. Nun huet awer all Land - an do si mer jiddweree fir sech - seng eege Studentenhëllef, seng eege Gesetzgebung, an ech huelen un, dass Kanner vu Frontalieren, déi Studentenhëllef an hirem Land bis elo ugefrot hu respektiv ufroe wäerten, déi Hëllef och krut hunn.

Eng aner Kritik, Här President, ass och doduerch entstanen, dass gerechent gouf, dass eng Famill duerch d'Ofschafe vun de Kannerzoulage vun 21 bis 27 Joer verléiert. Ouni Appel a Biren zesummenzezielen, ass feststellen - a mir hunn dat schwartz op wäiss an der Kommissioun duergeluecht krut -, dass d'Famill, an där ee Kand studéiert, an alle Fäll duerch den neie Bourssësystem gewënnt.

Virun allem entlaascht den allgemenge Bourssësystem all Famill. A mir hu jo och vun der ACEL dee Sondage krut, dee se gemaach huet. Ech fannen dat wierklech begrëssenswäert, dass d'ACEL bei d'Studente gaangen ass. Bei deem Sondage, bei deem 340 Studente matgemaach

hunn, hunn effektiv 28% gemellt, si géife mat deem neie System manner kréien. Allerdéngs muss ee soen, dass dat zu engem Zäitpunkt war, wou nach net festlouch, dass déi 1.000 supplementar Euro, déi aus sozialen Ursaache kënnen gefrot ginn, am Gesetz waren. An ech ka mer virstellen, dass et der héchstwahrscheinlech vill manner sinn.

### (Interruption)

Här Hoffmann, Dir hutt schonn e laangen Exposé hei gehalen.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Dat do ass awer de Combell! Kuckt emol eng Kéier d'Reglement, Här Fayot!

► **M. Ben Fayot** (*LSAP*).- Et ass natierlech net einfach, eng nei allgemeng Approche an hiren Auswierkungen an individuelle Fäll bis an de leschten Detail auszedaitschen. Duerfir si mer och eens, no engem Joer eng Bestandsopnahm ze maachen an d'Auswierkunge vum neie System auszewäerten.

Ech wëll och soen, dass d'Chamberskommissioun mat dem Minister a senge Mataarbechter sech vill Méi ginn hunn, fir op déi vill Froen, déi opkomm sinn, eng Äntwert ze fannen. Et ass jo net, wéi wa mer keng Kommissiounssitzunge gehat hätten. Et ass jo net, wéi wa mer net déi Kritiken, déi dobauss virkomm sinn, dem Minister duergeluecht hunn a probéiert hunn, eng Äntwert drop ze fannen.

Dass mer natierlech net op alle Pläng eng genee chiffriert Äntwert konnte kréien, läit natierlech dorunner, dass an all Famill eng extra Situatioun ass. Zum Beispill eng Famill mat dräi Kanner, wann do ee Student ass, da kënnen mer dat relativ lichter ausrechnen; wann der zwee Student sinn, ass dat scho méi komplizéiert. Mä op jidde Fall hu mer alleguerten déi Awänn, déi do komm sinn, seriö diskutéiert. An ech mengen, all déi Kollegen, déi och hei geschwat hunn, hunn dat jo matgemaach. Et ass also net, wéi wa mer hei de Geck mat der parlamentarescher Aarbecht gemaach hätten, ganz au contraire.

E sensibele Problem, hunn ech dem Minister an der Kommissioun signaléiert, entsteet, wa Studenten e puer Joer op der Uni waren a sech dann ëmorientéiert hunn. Dat kënn vir an et muss och a Betruecht gezu ginn. De Minister huet ons an der Kommissioun och gesot, dass esou Fäll kéinte gekuckt ginn, dass och emol Exceptione gemaach ginn, well och de Ministère de l'Enseignement supérieur nach Lignes budgétaires huet, fir a wierkleche Problemfäll de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen. An ech mengen, déi Regel, déi mer ons ginn hunn an dësem Gesetz, dass een ee Joer bei dem Bachelor an ee Joer beim Master ka verléieren, ass jo och schonn eng Ouverture, fir net direkt mat dem décken Hummer ze kommen.

Insgesamt, Här President, wënsche mir ons bei der Ausféierung vum dësem Gesetz Flexibilitéit a Versteeddemech an der Verwaltung. A mir wësse jo, dass an där Kommissioun, déi jo éinescht och vum Här Berger als eppes Schrecklech duergestallt ginn ass, wou een do misst de Knéifall maachen, fir iwwerhaupt e Subsid ze kréien, an an där dräi Studentevertrieder sëtzen, dass an där Kommissioun keng Onmënsche sëtzen, fir eben och déi Flexibilitéit an deenen zousätzlechen Hëlfezen ze erméiglechen. Sécher wäerte mer där Härtefäll kréien. An ech erwaarde mer also och vun der Verwaltung, dass se déi mat deem néidege Fangerspëtzegefill wäert léisen.

Här President, d'LSAP ass iwwerzeegt, dass dës nei Studenteförderung eng wichteg Etapp fir méi Chancëgläichheet am Zougank zu der Héichschoul ass, an och eng wichteg Etapp an der Entwécklung vun onsem Land, fir héich Kaderen, héich Eliten an héich spezialiséiert Leit hei am eegene Land och auszebilden.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hetzen eis de Mëtteg duerch eng

Matière, déi komplizéiert ass. Ech soen dem honorabelen Här Thiel Merci fir säi schrëftleche Rapport. Bei sengem mëndleche Rapport huet en e puer Saache gesot, déi ech och wëll kuerz kommentéieren.

En huet gesot, d'Zuele si komplizéiert. Dat, mengen ech, hält jiddwereen em gutt. En huet och gesot, Hellscherfäegkeeten huet keen heibannen. Do sinn ech och direkt mat em averstanen. En huet och vu gemittleche Lëtzeburger geschwat. Ech ziele mech och zu de gemittleche Lëtzeburger.

Här Thiel, wou ech awer net frou sinn dermat, dat ass, wann Der am Fong geholl e bëssen och un d'Adress vun eis sot, mir wäeren der Meenung, e Gesetzestext, dee misst nach mautschen, wa mer soen: E gëtt eis hei ze séier duerchgezunn. Ech verstinn ënner parlamentarescher Aarbecht, wou ech gären hätt, déi Avisen, déi mer musse froen a solle froen, dass mer waarden, bis déi do sinn, an dass mer déi kënnen diskutéieren. Dat ass fir mech net mautschen, dat ass fir mech wierklech eng parlamentaresch Aarbecht seriö huelen an an den Délaien duerchzéien.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Mir maache jo mat dësem Gesetz - et steet souguer am Text selwer dran - ee Paradigmewissel, an ech muss soen, dass mir als Gréng dee Paradigmewissel och ganz interessant fonnt hunn. Mir sinn allerdéngs der Meenung, esou ee Wiessel mécht een net am Alleingang. A wat de President vun der UNEL nach a sengem Brëif geschriwwen huet, d'Turbodemokratie ass och net de richtege Wee: d'Aen zou an d'Oueren zou an dann derduerch. Dat dierft et dach eigentlech net sinn.

An do gëtt et eng ganz Rei Ursaachen. Eng éischt ass emol: Mir hu kee geséichert Zuelematerial. Ech hat schonn am Dezember 2005 mat enger Question parlementaire no statisteschem Material gefrot, am September 2009 nach eng Kéier. An den Här Fayot huet nach am Mee 2010 an enger Question parlementaire gefrot: Wou sinn dann déi Studenten drun? Wéi vill Lëtzeburger Studente sinn am Ausland?

Här Fayot, ech hunn Är Äntwert gelies, ech hu fonnt, Dir hutt eigentlech awer keng kloer Äntwert kritt op dat, wat Der gefrot hutt. Et pour cause!

### (Interruption)

Jo, ech krut schonn 2005 erkläert, et wär eng Etüd amgaang, a si dauert, a si dauert, an 2010 ass se och nach amgaang.

An dat ass schonn ee positiven Aspekt vum dësem Gesetz, well ech gi wierklech dervun aus, mat dësem Gesetz, do kréiche mer wahrscheinlech eng relativ sécher Datebase. Dat muss natierlech ënnert dem obligate Schutz vun de perséinlechen Donnéeën leien. Mä ech mengen, dass dat wierklech ee Fortschritt géif bréngen.

Mir géifen dann, wa mer déi sécher Datebase hunn, och wahrscheinlech feststellen - ech hunn et am Moment just esou am Gefill, mä ech mengen, mer wäerten dat dann erausfannen -, dass mer am Beräich vun der Orientation scolaire nom Secondaire och schlecht dostinn, dass do ganz vill Jore verluer ginn, well mer eis Jonk och net gutt preparéieren an net gutt orientéieren op d'Schoul nom Secondaire.

Da stellt sech natierlech nach d'Fro: Majo, huet misse reforméiert ginn? Jo, mir sinn der Meenung, dass déi al Hëlfezen ongerecht waren, ongerecht virun allem, well se en daitlechen Ënnerscheid gemaach hunn, ob e Student nom Bologna-Prinzip op enger Uni studéiert huet, déi schonn d'Bologna-Kritären applizéiert huet oder déi déi nach net applizéiert huet.

Do sinn och schonn eng Rei Eltere bis bei den Ombudsmann gaang, déi sech beklot hunn driwwer, dass zum Beispill hire Student, hiert Kand am sechsten, siwenten, aachte Semester absolut keng Bourse krut, an een absolut vergläichbare Studiëgang, deen e Master mécht, deen huet eng Bourse kritt. De Gedanke vun Équitéit muss eis soen, dass dat net gerecht ass, dass mer do musse reforméieren.

Et ass och gesot ginn, dass dat fir eis awer schonn... Mir sinn eent vun deene wéinege Länner, déi Studiëboursen expor-

téieren. Also, egal wou ee studéiert, kritt ee seng Bourse mat. Ech mengen, dat ass näischt, wou mer extra stolz mussen drop sinn. Dat ass eng Bluttnoutwendegkeet; ee Land, wat eréischt 2003 eng Uni kritt huet. Mir liewen dervunner, dass eis Studenten och an d'Ausland ginn. All aner Hëllef wier jo ee kompletten Nonsense.

Mir schafen also mat deem Gesetz hei ee Grondakommes fir Studenten. Ech hunn et scho gesot, déi gréng fannen déi Iddi gutt. Jiddweree gëtt d'selwecht gekuckt. Mir hu keng Studente méi aus räichen a manner räichen Elterenhaiser. Mir hunn nach just jonk Leit, déi wëlle studéieren. Mir hunn also ee Grondreicht op Studium. An da geet et och net drëm, wat d'Eltere wëllen, mä et geet drëm, wat wierklech de jonke Mënsch, wat de Student wëllt.

Dat ass e Paradigmewissel. Dat fanne mir sympathesch.

D'Boursen, wéi se am Gesetz virgesi sinn, schéngen eis och héich genuch. Et gesäit aus, wéi wann et daitlech méi wier wéi an der Vergaangenheet. Dat ass awer net fir jiddwereen esou.

D'Regierung reforméiert allerdéngs net, an dat ass och hei vum Rapporteur gesot ginn, well dat aalt Gesetz schlecht war, mä well d'Regierung wëllt Sue spueren.

Mir spueren um Kannergeld. Den Här Thiel huet gesot, d'Zuele si komplizéiert. Ech hunn hei elo net déi mam Kannerbonus. Ech hunn déi, déi mer an der Kommissioun kritt hunn. Et gi 66 Milliounen manner Kannergeld ausbezuelte, an 33 Milliounen vun deene Sue ginn erëm zrëck un d'Studenten, an de Stat spuert 33 Milliounen.

Wann ech de Riedner vun der Majoritéit nogelauschtert hunn, da spuert de Stat déi 33 Milliounen an. Et ass awer kee Mënsch, dee méi schlecht ewechkënn. Dat ass jo eigentlech extrem clever. Wann de Stat et wierklech fäerdeg bréngt, fir kengem eppes ewechzehuelen an 33 Milliounen ze spueren, da muss ee soen: Chapeau!

### (Interruptions)

► **Une voix**.- Très bien!

► **Une autre voix**.- Dat ass de Paradigmewissel.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Dat ass de Paradigmewissel!

Mir sinn als Gréng natierlech och der Meenung, dass een a Krisenzäite muss spueren. Mir sinn allerdéngs och der Meenung, dass ee muss Prioritéite setzen an dass et Gebidder gëtt, wou een net soll spueren. A mir sinn der Meenung, dass ee mat Sécherheet net an der Éducatioun soll spueren. Well wat mir hei maachen, mir spueren um eiser Zukunft. Mir spueren un eise Kanner.

Wou kommen dann déi 33 Milliounen, déi d'Regierung spuert, hier? Majo vun de Frontalieren. Dat kann een net ewechdiskutéieren. Si kréie kee Kannergeld méi. Lëtzeburger Bourssë kréie se och net, dass logesch. Ausgläich vum Ënnerscheid vun auslännesche Bourssë par rapport zu eise Boursen. D'Chambre des Salariés huet dat opgeworf, ob een do kéint drun denken, fir esou eppes ze maachen. Eng Iddi, déi vläicht op den éischte Bléck net logesch ass, mä déi an eisen Aen awer duerchaus derwäert ass ze diskutéieren.

D'Chambre des Salariés freet zu Recht, wéi et da mat der Égalité devant l'impôt ass. Si verweist op den Artikel 7 vum Règlement 1612/68 vun der Kommissioun. Déiselwecht sozial a fiskalesch Rechter fir Leit, déi am Land wunnen a schaffen, wéi fir Leit, déi just am Land schaffen.

Wäit méi wéi en Drëttel Frontalieren hu mer op eise Aarbechtsmaart. Déi Leit komme gären op Lëtzebuerg schaffen. D'Léin si bei eis gutt. D'Sozialleeschtunge si besser wéi an Nopeschlänner. An déi 33 Milliounen, déi mer do aspueren, hu fir eis ee ganz schlechten Nogeschmaach.

No de Chèques-services kommen dann elo d'Boursen. An dobäi spueren mer jo schonn all Joer Milliounen op de Frontalieren hire Kanner, well mer keng Schoulen a keng Crèche fir si musse bauen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Beispill Chèque-service. Ech hunn op der Aweigung vum Blannenheem zu Miersch - d'Ma-





dame Familljeministeschesch war derbäi - vum Direkter vum Blannenheem gesot kritt, mir hunn eng gutt Saach hei gemaach. Mir hunn eng Crèche an eise Blannenheem. Dat ass super. Mir hunn allerdéngs e Problem: Mir hu ganz vill Frontalieren, déi hei schaffen, an déi kënnen hir Kanner net an eis Crèche ginn, well se sech dat net kënnen leeschten, well se keng Chèques-services kréien.

Dat ass also schonn eng relativ grouss sozial Ongerechtegkeet. Bon, elo fuere mer en zweete Schrëtt. Elo gi mer dann och nach beim Kannergeld op d'Frontaliere spueren.

Mat deene Mesuren hei, Här President, do spalte mer eis Gesellschaft! Et ass keng iwwerdrifwe generéis Haltung vun eis, wa mir déi Spuermoossnamen op d'Käschte vun de Frontalieren uprangeren. Mir hunn als Lëtzebuerger e vitalen Interessi och un de Frontalieren. Mir rekrutéieren op eise Aarbechtsmarché wäit iwwert d'Grenzen eraus. Akademiker aus der Groussregioun si fir eisen Aarbechtsmaart ganz interessant.

Gëtt et dann och Leit, déi hei wunnen, déi Sue verléieren? Dat ass net evident. Mir hunn net genuch Zuelematerial, mä et ass awer wahrscheinlech. D'Zuele vun der Chambre des Salariés schwätzen op alle Fall eng aner Sprooch wéi déi, déi mer vun der Kommissioun virgeluecht kruten. Mir hunn eng Tabell an der Chamberskommissioun gesinn, mä do huet kee Student eng Bourse oder eng Prime kritt, an am ale Regime ass dat jo awer net richtig.

Wie verléiert eventuell oder wie verléiert méi wéi sécher? Majo, déi Leit, déi wéineg Sue verdéngen a méi oder manner vill Kanner hunn.

An et gëtt och nach eng drëtt Kategorie vu Verléierer, mir haten et och an der Chamberskommissioun ugeschwat: Dat si Leit mat enger Behënnerung. Mir hunn och nach haut - en Deel vun eis - e Brëf kritt vun engem jonke Mënsch, dee selwer eng Behënnerung huet - ech kennen en, well en eng Zäit an där Schoul war, wou ech selwer Schoulmeeschter war -, dee gesot huet, hien hätt mat senger Behënnerung studéiert an 1.000 Euro an Aussicht gestallt als zousätzlech Hëllef, dat géif bäi Wäitem net duergoen. Well do kommen einfach Fraisën, déi si méi héich wéi esou.

Elo kann ee soen, et gëtt eng Kommissioun. Jo, et kann een awer och soen, ma wa mer wëssen, datt dat net duergeet, firwat setze mer dee Seuil net méi héich an d'Gesetz? Well et si jo net esou vill Leit betraff.

Gëtt et dann och - an dat ass awer och eng ganz interessant Fro - Leit, déi gewanne bei dësem System? Och do ass eis Äntwert relativ kloer, selbstverständlech mam Virbehalt, d'Zuele si komplizéiert, mä mir wëllen eis jo net méi Zäit loossen, fir se ze analyséieren: Mir menge schonn.

Ech hunn et selwer ausgerechent, och a mengem Bekanntekrees, bei Enseignanten an esou weider, Leit mat engem gudden Akommes, dat heescht Familljen, deenen hir finanziell Situatioun bis elo ni zouge-looss huet, datt hir Kanner eng Bourse konnte kréien. Dat huet fir all Familljen, déi e Kand haten, wat mat Bachelor studéiert huet, an och fir all net Bologna-Studenten.

Bei zwee Studentekanner aus engem gutt situéierten Haus, mat deem neie Gesetz kréien déi ongeféier 5.000 Euro pro Joer fir déi zwee Kanner zesumme méi wéi bis elo. Dat heescht dann an eisen Aen, staark Schëllere packen a Krisenzäite manner wéi schwaach Schëlleren! Eigentlech hätte mer et jo awer gäre genau ëmgedrëit. Staark Schëllere missten a Krisenzäite méi packe wéi schwaach Schëlleren.

An den aarmen Här Juncker muss och nach ëmmer verziele goen, wéi leschte Freideg nach am CAC, dass d'Kris iwwerall ass, mä net an de Käpp vun de Lëtzebuerger.

Wa mir esou eng ënnerschiddlech Messagen an der Politik hei vun eis ginn, da brauche mer eis net driwwer ze wonneren, datt d'Leit och net méi wëssen, ob de Wuelstand ausgebrach ass oder ob d'Kris ausgebrach ass!

► **Une voix.**- Très bien!

(Interruptions)

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Ënnert

dëse Konditiounen ass de Paradigme-wiessel, dee mer hei verkaaft kréien, net akzeptabel.

► **Une voix.**- C'est juste!

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Dann nach e Wuert zu der Indexéierung. De President vun der Kommissioun sot, mat der aktueller Situatioun an der Majoritéit ass eng Indexdiskussioun net opportun. Dat kënnen mer eis virstellen. Mir diskutéieren nach iwwert den Index, an d'Regierung ass schonn amgaangen, aus dem System erauszeklammern.

D'Kollege vun der LSAP wëllen déi grouss Verteideger vum Index sinn, awer bei de Sozialleeschtinge spille se net mat!

(Interruption)

Fir d'Éischt gëtt d'Kannergeld desindexéiert an elo d'Studentebäihëllefen.

► **Une voix.**- Aha!

► **Une autre voix.**- Très bien!

(Interruptions et hilarité)

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- An d'Jongsozialisten hunn dann natierlech déi sympathesch Iddi, fir virun der Chamber eng Zensur auszedeele, wou se dann dem Héichschoulminister eng Datz ginn. Et ass sympathesch, mä et ass ze kuerz gegräff. D'Jongsozialisten hätten och hiren eelere Kollege vun de Sozialisten déiselwecht Datz missen ausdeelen.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Dat huet misse kommen!

► **Une voix.**- Geet et lech elo besser?

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- E Grondakommes jo, awer net esou.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Ech hat mer dat net vum Här Adam erwaart.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- All Student kritt datselwecht. Dat wier an enger postsocialistescher Gesellschaft bestëmmt eng gerecht Léisung.

Mir kennen awer och en anert Bild, e Bild aus der Éducation, wat och gäre vun der Madame Delvaux gebraucht ginn ass, wéi mer déi Schoulreform virgestallt hunn a wou mer duerch d'Land gezu sinn dermat. Et ass d'Bild, wou en Elefant, en Af, eng Schlaang, en Delfin, eng Giraff, eng Maus bei der Startlinn stinn an et heescht dann, mir maachen eng gerecht Course fir jiddwereen. Eng gerecht Aufgab fir jiddwereen. Mir maachen een Honnertmeterhürdelaf.

Et ass absurd ze mengen, datt déi Jonk mat engem Grondakommes, dat fir jiddwereen d'selwecht ass, déiselwecht Chance kréien. An Eltere sinn och verflücht fir hir Kanner ze suergen, och iwwer 18 Joer eraus. Déi meescht Eltere maachen dat och gär. An ech wunnere mech och e bësselchen iwwert dat Elterebild, wat mer awer hei vermëttelen. Mä et huet net all Elterendeel, all Elteren hunn net allequerten déiselwecht Méiglechteeten.

Wa mir also d'Iddi vun engem Grondakommes wëllen ëmsetzen an dat zu Aspue- rungen an den Ausgabe fir Famillje féiert, da muss ee genau wëssen, wéi eng Dimensioun déi Aspue- rungen hunn. An dat wësse mer awer net. Da kéinte mer nämlech kompenséieren mat anere famillje- politesche Mesuren. Et kéint sinn. Et ass eng Iddi - si kënn iwwregens net vun eis, si kënn vun der UNEL -, datt een zum Bei- spill en Deel vun deem Prêt ënner Kondi- tiounen kéint an eng Bourse verwandelen. Bis zu siwe Joer 6.000 Euro Prêt, dat ginn 42.000 Euro. Wa mer d'Onofhängegkeet vun den Elteren eis erkafe mat enger Ofhängegkeet vun de Banken, dann hu mer net gutt geschafft. 42.000 Euro, dat ass de Maximum. Dat si fir deen ee ganz vill Suen a fir deen aneren ass et net vill méi wéi en neien Auto.

De Minister huet ëmmer betount, ent- weder Grondakommes, esou wéi hien et geplangt huet, oder eben net. Wann een net wëllt diskutéieren, dann ass dat eng korrekt Astellung. Mir deele se awer net.

Och d'Iddi vum Grondakommes léisst Raum fir eng gewësse sozial Gerechteg- keet. Eis aktuell Regierung wëllt dee Raum net notzen. Mir sinn der Meenung, datt et keng Urgence gëtt. Den Datum, wou d'Re- gierung d'Kannergeld wëllt ofschafen, ass willkürlech a kéint och op d'Summer- semester geréckelt ginn oder e Joer méi

wäit. Mir hunn e Reformbedarf. Mir hunn eng Iddi, déi fir eis diskutabel ass an déi ee kéint weiterentwéckelen. Iwwregens all déi Avisen, déi komm sinn, hunn un der Grondiddi wéineg ze kritiséiere gehat, mä méi am Detail.

Nach e Saz vläicht - well e mer esou gutt gefall huet - aus der Chambre des Salariés: «Rien ne sert de courir, il faut partir à fond.» Et huet kee Wäert, fir séier ze lafen, wann ee mengt, et kéim een ze spéit. Wann een an déi falsch Richtung fiert, dann huet et kee Wäert, Gas ze ginn. Dann huet ee besser, eng Paus ze maachen, d'Landkaart ze kucken oder de GPS nei anzustellen.

Ee Paradigmewiessel, deen zur Konse- quenz huet, datt a Krisenzäiten d'Fronta- liere Sue verléieren, déi sozial manner gutt gestallte Famillje mat zwee oder méi Kanner Sue verléieren a besser gestallte Leit dättelech méi Sue kréien, ass fir eis net akzeptabel.

Et schéngt och esou, wéi wann am Regie- rungs- lager eng ganz Rei e schlecht Gewësen hätten. Anescht kann ee jo déi Mo- tioun net verstoen, datt mer no engem Joer sollen eng Analys maachen.

Meng Erfahrung mat där aler Studienhëllef ass, datt et immens komplizéiert ass, wann ee feststellt, datt do Ongerechtegkeeten dra sinn, fir déi erëm erauszebigelen. Et wier wierklech besser, et géif een déi Saache grëndlech analyséieren, ier een et iwwert den Instanzewee gëtt. An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, wäerten déi gréng och géint dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass den Här Colom- bera agedroen. Här Colom- bera, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colom- bera** (ADR).- Merci, Här President. Fir d'Éischt e Merci un den Här Thiel fir seng schréfflech a mündlech Presentatioun. Dat heiten ass eng Spuer- moossnam vun der Regierung. Et ass jo esou ugeklongen. Dat ass och kee Feeler. Aus der Nout gëtt eng Dugend gemaach.

Dëse Projet stellt sécherlech ee Paradig- mewiessel duer. D'Jugendlecher kënnen onofhängeg vun der finanzieller Capacitéit a vum Wëlle vun hiren Elteren op d'Uni goen. D'Bourse an d'Prêt sinn net méi ofhängeg vum Revenu vun den Elteren, wat e groussen Atout an der Onofhängeg- keet vum Student ass. Dobäi muss ee wëssen, dass déi meescht dobäi gewannen. Mä et sinn der och ganz vill, déi da verléiere wäerten, an et ass hei schonn ugeklongen: haaptsächlech déi sozial schwaach Famillje mat méi Kanner, mat méi klengem Revenu, an och dann déi- jeéne, déi behënnert sinn. Déi gehéieren net zu de Gewënner.

An ech mengen, all Gesetz, wat gestëmmt gëtt, all Gesetz, wat fiabel soll sinn, muss jiddweree respektéieren. A wann ee Per- dant do ass, nëmmen ee Perdant, dann ass dat Gesetz sécherlech net gutt. Dann ass et net esou, wéi mer eis dat virstellen.

Negativ Kritik si genuch gefall hei. An Zäit vun dräi Wochen ass d'Gesetz hei duerch d'Chamber gebootscht ginn. An elo, ech mengen, als Chamber hu mer awer eng Missioun. Mir si vläicht souverän an eisen Décisiounen. Mir kënnen déci- déieren, wéi mir wëllen, mat oder ouni Avis vun de Chambres professionnelles. Mä ech mengen, wa mer awer demokra- tesch wëlle sinn, da musse mer awer dohinne-rgoen a wa mer schonn en Avis froen, dann och dee lese virum Vote an der Kommissioun. Dat ass hei offensicht- lech net gemaach ginn.

Mir hätten, wéi gesot, och nach eng Woch Zäit gehat. Mir wären d'nächst Woch och heihinnerkomm an der Vakanz. Ech mengen, den Deputéierten ass zur Ver- fügung vun der Natioun. An et ass net, dass e muss de 15. Juli, esou wéi d'Schoul- kanner, effektiv an d'Vakanz goen.

Dat bedauere mer. Domat hätte mer ganz vill Problemer geléist. Mir hätte kënnen déi bestëmmten Härtefall anescht-ers an- alyséieren a vläicht eppes anescht-ers an d'Gesetz eraschreiwen. Mir hätten och vläicht verschidde Feeler, déi dra sinn, och dann entdeckt.

Et ass e Changement de paradigme. Dat hu mer jo gesot. Wat mer da bedauern, dat ass, dass keng Fiche financière do ass. A mir wéilte gär vun der Regierung, dass d'Regierung eis transparent Tabelle soll ginn, wéi déi Saach do effektiv ausgesäit.

Dee Problem, deen eis opgefall ass - dat hunn ech scho virdru gesot -, dat ass dat mam Kannerbonus. Ech mengen, de Kan- nerbonus ass agefouert ginn als ee Steuer- bonus. An dee Steuerbonus ass integral fir d'Famillje geduecht.

Wat geschitt hei? Net eleng, dass d'Allo- cation familiale verschwënnt, mä de Kan- nerbonus verschwënnt och. An de Kanner- bonus, dee gëtt dann ersat duerch eng Moos- snam. D'Studente kréien 1.000 Euro méi. Okay, et ass alles schéin a gutt. An ech liesen dat hei vir. De Kannerbonus gëtt abrogéiert: «Le boni pour enfants sera abrogé dans le chef des étudiants béné- ficiant d'une aide financière de l'État pour études supérieures. Par conséquent, le seuil du montant de base de l'aide finan- cière pour études supérieures, qui était fixé à l'origine à 12.000 euros par année académique, a été porté à 13.000 euros.»

An da liese mer op enger anerer Säit: «Par contre, un système qui accorde à chaque étudiant un montant de base de 13.000 euros - et même au-delà dans des cas spécifiques - par année académique, dont la moitié est versée sous forme d'une bourse non remboursable,...» Dat heescht, déi aner Moitié ass da remboursable. A wa mer dann an där Logik do bleiwen, da gesi mer dann, dass mer 1.000 Euro de Studente bäiginn. Déi 1.000 Euro, déi normalerweis e Crédit d'impôt wieren. Mä elo geet de Stat dohin an e seet: „Okay, déi 500 kriss du geléint. Déi aner kriss de als Bourse remboursable. Déi aner ass Bourse non remboursable. Dat heescht, bis 500 Euro muss de aus denger Täsch da bezuelen.“ Dat heescht, hei ginn net eleng d'Allocation-familialë verluer, mä hei geet d'Halschent vum Kannerbonus ver- luer.

An ech mengen, do läit dann den Hoer an der Zopp. Ech mengen, ass dat ee Lapsus vun der Regierung? Ass dat net gesi ginn? Oder ass dat elo Absicht? Dat ass enorm wichteg. Wann dat Absicht ass, okay, da kënnen mer soen, dat Gesetz hei ass total antisozial. An d'Regierung spuert do, wou se et net ugekënnegt huet.

Wann et elo ee Lapsus ass, da muss dat ëmgeännert ginn. Firwat muss et ëmge- ännert ginn? Ma well normalerweis déi Suen de Leit gehéieren. Lëtzebuerg wär dann de Moment dat éischt Land op der Welt, wou de Stat de Studente Sue léint, Steiergeld léint, an déi Studente mussen dat Geld zrëckbezuele mat Intérëten.

Wat huet dat fir e Sënn? Ech mengen, do, Här Minister, misst Der eis vläicht herno opklären, wéi Der dat wëllt maachen. Et kéint vläicht sinn, dass Der déi 1.000 Euro, déi Der de Studente gitt, déi misst ee vläicht op déi Part non remboursable iwwerschreiwen. Dat heescht, dass de Student dee Moment 6.000 + 1.000, dat wäre 7.000 Euro, géif kréien, déi net remboursable wieren.

Am anere Fall, wann Der et bäibehaalt, ass dat eng Ongerechtegkeet, déi Der net kënn veräntwerten. Well et kann een einfach net dohinne-rgoen a soen: „Okay, mir eliminéieren d'Kannergeld a mir elimi- néieren d'Halschent vum Crédit, vum Bonus d'enfant.“

Dat gesot, Här President, wéilte mer gär, dass d'Regierung eis awer ee Bilan mécht vläicht d'nächst Joer, fir ze kucken, wéi dat Gesetz hei fructifiéiert, wéi dat Gesetz hei weidergeet.

An duerfir, an deem Sënn, ginn ech dann eng Motioun hei of, fir ze wëssen, wéi d'Resultater sinn. Mir wëllen och gar wëssen, wat déi Majorations supplémen- taires, wat déi fir een Impakt do hunn. Et ass sécherlech, och do si mer net ze- fridden, dass behënnert Kanner, dass déi zwar 1.000 Euro kréien, mä do- vunner mussen och 500 Euro rembour- séiert ginn.





## Motion 3

La Chambre des Députés,  
considérant

- que le projet de loi 6148 modifie considérablement le régime des aides accordées aux étudiants résidant à Luxembourg;

- que la Chambre des Salariés et des associations d'étudiants craignent que certains étudiants respectivement les familles concernées touchent au total moins d'aides que dans le système actuel, risque qui serait plus important pour les familles nombreuses aux revenus modestes;

- que l'objectif des aides financières de l'État doit être de permettre à un maximum de jeunes de faire des études supérieures, quelle que soit la composition de leur famille ou la capacité financière de leurs parents;

- que ces aides doivent être un droit découlant de critères objectifs et non pas dépendre d'une décision d'une commission respectivement d'un ministre jugeant de l'opportunité d'une «situation grave et exceptionnelle» ou de «charges extraordinaires»;

invite le Gouvernement

- à faire le bilan des conséquences du projet de loi 6148 sur les aides globales accordées aux étudiants et à leurs familles en signalant plus particulièrement les cas pour lesquels ce projet a des effets négatifs et quelles en sont les raisons;

- à faire le bilan des «majorations supplémentaires» accordées pour l'année académique 2010/2011 en détaillant les raisons pour lesquelles ces majorations ont été accordées;

- à présenter ces bilans à la Chambre des Députés avant la fin de l'année académique 2010/2011;

- à s'engager à compenser les cas échéants les effets négatifs découlant du projet de loi 6148.

(s.) Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann, Fernand Kartheiser.

Dat gesot, Här President, Här Minister, mir sinn net mat deem Projet hei d'accord. Firwat? Et war eine Nacht- und Nebelaktion. D'Chamber huet aner Prioritéiten. D'Chamber wëllt gär roueg diskutéieren, gesond Gesetzer maachen, Gesetzer fir jiddwereen, fir all Bierger, dass all Bierger dovunner ka profitéieren, an net, dass ee Gesetz hei just virun der Vakanz duerchgebootscht gëtt an et vläicht negativ Impakter wäert hunn. An déi wäert et och kréien.

Den Här Fayot huet et gesot, et wäert negativ Impakter ginn, et wäert Härtefall ginn. Dat hoffe mer jo net. Mä déi wäerte kommen. Mir mussen dat Gesetz nach eng Kéier d'nächst Joer op de Leescht bréngen. Dovunner si mer iwwerzeegt.

Här President, ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombera. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, ech probéieren, net dat ze widerhuelen, et ass jo souwisou an der Zäit net méiglech ze widerhuelen, wat alles hei gesot ginn ass, déi berechtigt Kritiken, déi jo un deem Gesetzesprojet ausgeübt gi sinn. Mir hu scho virun engem Mount à peu près Stellung bezu gehat an engem Communiqué a mir sinn duerno eigentlech duerch déi Avisen, déi erauskomm si vun de Studentenassociatiounen, vun de Gewerkschaften a vun der Chambre des Salariés gréisstendeels bestätegt ginn.

Ech kann och soen, mir sinn och mat dem Prinzip averstane vun der Onofhängegkeet vum Student a vun enger finanzieller Ennerstëtzung, déi déi Onofhängegkeet garantéiert. Allerdéngs muss ee kucken, a wéi engem Kontext dass dat geschitt, a wéi dat ëmmer esou schéi bei de Reklamme fir Medikamenter heescht: „Zu Risiken und Nebenwirkungen fragen Sie Ihren Arzt oder Apotheker“, an där Risiken

und Nebenwirkungen, där sinn hei derbäi. An ech mengen, dass mer déi nach net alleguerte richteg ofgeschat hunn.

Ech si mat dem Här Fayot averstanen, wann e mer nolauschtert, dass mer richteg leien...

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Ëmmer!

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- ... dass mer richteg leien, wa mer a Richtung vun engem Grondakommes fir Studente ginn, also a Richtung vun engem Présalaire. Dat war an der Zäit eng relativ radikal Fuerderung an de Studentenorganisatiounen, déi net op grouss Géigeléift gestouss ass. Ech sinn also mat där Logik an där dote Richtung d'accord, allerdéngs mat zwou Remarquen.

Éischstens, maache mer eis jo awer keng Illusioun, dass d'Studenten alleguerte mat deem Présalaire oder Grondakommes dat selwecht maachen. Mir maachen eis jo keng Illusiounen, wat deen ee muss domat bezuelen, a wat deen anere kann domat bezuelen. Also ech mengen, dass een déi Realitéit op d'mannst muss am A behalen.

Duerfir eng aner Fro: Déi Fro vum Grondakommes fir Studenten oder vum Présalaire, déi ass an deene Joren, wou dat do diskutéiert ginn ass, ëmmer och diskutéiert ginn, Här Fayot, am Kader vun der Verdeelungsfro. An dat kann een och net ausklameren. Dat heescht, ech mengen, dass een da muss d'Fro mat stellen: Wéi ass et da mat der Finanzéierung vun deem Présalaire, opgrond vu beispillsweis engem relativ distributiven, redistributive Steiersystem? Well soss riskéiere mer awer manifestement a Richtung vun Ongerechtegkeeten ze goen.

Nach eng Remarque, eppes, wat net hei ervirgehuewe ginn ass: Ech sinn awer e bësse verwonnert, wéi weíne mer an där Diskussioun dann hei iwwert d'Kannergeld schwätzen, well mer schafe mat deem Projet de loi do en Deel - natierlech net d'Kannergeld insgesamt -, mer schafen en Deel vum Kannergeld of. No enger jorelaanger natalistescher Politik, déi dozou gefouert huet, dass de Wäert vum Kand steigt mat der Zuel vun de Kanner - wat eigentlech jo vun engem soziale Standpunkt net esou richteg verstëndlech ass -, gi mer dann elo emol, bon, an deem do Beräich vun de Studente sträichen, ouni dass mer - an dat ass och e Grond, firwat dass ech soen, dat do ass ze vill schnell - eis iwwerleeën, dann och Iwwerleeungen ustellen iwwert d'Kannergeld respektiv iwwert d'sozial Gerechtegkeet vum Kannergeld.

Zu den...

► **M. le Président.**- Jo, Här Hoffmann, Dir kuckt mat Recht op mech. Et geet geschwënn zum Schluss.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Et geet geschwënn zum Schluss. Ech fannen och an där Fro vun de Frontaliere geet et awer e bësse sophistesesch oder kasuistesesch hier, wa mer soen, si kënne sech jo elo an hirem eegene Land eng Bourse beschafen. Den honorabelen Här Thiel huet dorobber higewisen, an ech weisen hien dorobber hin, dass se dat de toute façon nach ëmmer konnten, also och bis elo konnten, onofhängeg dovunner, ob se Lëtzeburger Kannergeld kréien oder net.

Dat heescht also, netto bleift, souguer wann déi Bourse am Ausland déiselwecht Héicht hätt wéi zu Lëtzebuerg, et fir si, par rapport zu der aktueller Situatioun, e Verloscht. An ech werfen nach eng Kéier d'Fro op: Mir zweifelen drun, dass dat mat dem europäesche Recht iwwerhaupt vereinbar vier, wat mer do mat de Frontaliere maachen, a sozial gesi fanne mer et de toute façon inakzeptabel!

Mir stëmmen also selbstverständlech d'Gesetz net!

► **M. le Président.**- Merci, Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den Här Héichschoulminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.**- Merci, Här President. Ech hunn déi lescht Deeg - wou vill Kritik koumen, öffentlech, vill Luef, net öffentlech - mech oft gefrot, ob ech dann, obwuel ech deemools eréischt zéng Joer hat, de leschte Mee '68er wier? An ech si ganz frou, dass de Ben Fayot, dee Mee '68 méi al war wéi

ech, eigentlech hei nach eng Kéier gesot huet, wat mer maachen. Mir erfëllen hei eng laangjäreg Fuerderung vun de Studentenorganisatiounen, virun allem vun de lénkse Studentenorganisatiounen, an déi virun allem a konservative Kreesser ëmmer bekämpft gouf.

Also mir hunn e bësselechen... hei setze mer e bësselechen d'Welt op de Kapp haut. An ech géif wierklech herno jiddweree bieten, wann de Compte rendu erauskënnt, dass ee souwuel d'Ried vum Ben Fayot liest wéi déi vum Eugène Berger a sech da freet, wien no vir kuckt a wien no hanne kuckt. Ech kann dat heite Gesetz net besser verteidegen, wéi de Ben Fayot dat gemaach huet. Well hien einfach de Prinzip nach eng Kéier hei widderholl huet, ëm wat et geet.

Ech muss soen, Här Berger, dass ech awer e bësse erschreckt war, wat Är Vue ass vun de Studenten. Dee Saz vun deem, deen dann doheem bleift, well en op d'Uni Lëtzebuerg geet, an dann an d'Vakanz fiert a sech en Auto keeft. Wësst Der, ech sinn an deene leschte Joren - nom 5611 hunn ech jo gesot, ech ginn elo bei d'Studenten - an d'Schoule gaangen an ech hu mat honnerte jonke Leit vun Deuxième, Première, Douzième, Treizième geschwat, an ech hat net d'Gefill, dass hir eenzeg Suerg wier, sech op eng Uni anzuschreiwen, fir dann an d'Vakanz ze fueren.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ech hunn dat dach net generaliséiert, Här President, ech hunn einfach e Beispill gesot, wéi et kéint sinn.

► **M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.**- Ech wëll och soen, wann ee sech eleng dat Beispill virstellt, fir doduerch eng Reform zu Fall ze bréngen, dat weist, wessen Geistes Kind man ist.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Ech hunn och honnert aner Beispiller gesot, déi...

► **M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.**- Well d'Uni Lëtzebuerg huet eng Ëmfro gemaach bei de Studenten an huet se gefrot: Woufir sidd der iwwerhaupt op der Uni Lëtzebuerg? 30% hu gesot, well d'Elteren dat esou wollten. A woufir hunn d'Elteren et gesot? Well d'Eltere gesot hunn, da gëtt et eis méi bëlleg.

An dat, wat mer hei wëlle maachen, dat ass, dass jiddwer jonke Mënsch zu Lëtzebuerg, ob Lëtzeburger oder Netlëtzeburger, soll d'Recht hunn, onofhängeg vum Kënne a Wëllen, finanziell gesinn, vun den Elteren, awer och onofhängeg vum Matschwätzen, moralesche Matschwätze vun den Elteren, dat ze studéieren, wat e wëllt studéieren a wéi en et wëllt studéieren! Et sinn der ganz vill, déi mam neie System doudséch da vläicht net op d'Uni Lëtzebuerg ginn, oder vläicht net méi doheem bleiwen, sech dann och eng Studentewunneng huelen.

Iwwregens stinn nach Studentewunnengen, notamment zu Monnerech, eidel, just fir dat ze soen. Do hu mer der, do geet zurzäit keen hin, obwuel Monnerech jo och eng schéi Géigend ass.

(Interruptions)

Mä nach eng Kéier, mir hunn hei...

(Interruptions)

Här President, ech sinn absolut d'accord - ech hu keen ënnerbrach -, ech sinn absolut d'accord, dass ee mer Froe stellt. Et ass awer ganz schwier, wann dräi Leit zur gläicher Zäit een ënnerbriechen, da kritt een emol net mat, firwat se een ënnerbriechen. Ech sinn also bereet, elo mech ze ënnerbriechen. Wann ech net méi ënnerbrach ginn, da fueren ech weider.

► **M. le Président.**- Fuert Dir virun, Här Minister!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Dir däreft eis net méi provozéieren!

► **M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.**- Ah, Här Bettel, dat ass gutt. Dat gefält mir, wann Dir lech emol eng Kéier vu mir provozéiert virkommt. Eis Welt ass haut totalement à l'envers!

Et sinn Zuele gefrot ginn...

► **Une voix.**- Waart nach eng hallef Stonn!

## (Hilarité)

► **M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.**- Et sinn Zuele gefrot ginn. Ech wëll lech dann e puer Zuele soen, déi wichteg sinn. De Ben Fayot huet drop higewisen, dass mer musse kucken hei méi Leit ze kréie mat méi engem héije Bildungsniveau. „Europa 2020“ seet, mir hätte gär...

## (Interruptions)

► **M. le Président.**- Jo, ech géif lech awer elo wierklech bieten, dem Minister nozelauschteren! Här Berger, Dir kënnt jo eng Fro stellen, mä lauschtert elo emol dem Minister no!

► **M. François Biltgen, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.**- Ech hunn iwwerhaupt näischt iwwert den Här Berger hei gesot. Ech weess net, woufir e sech elo hei opreegt. Ech hunn eppes iwwert den Här Fayot gesot, dee reegt sech net op.

Mir hu fir 2020 an Europa gesot, mir hätte gär 40% Leit an engem Alter vun 30 bis 35 Joer mat Héichschoulof Schloss. Dat sinn also déi haut tëschent 20 a 25. Ëm déi geet et. Haut leie mer bei manner wéi 30%, mer leie bei ronn 25%. Bei de Lëtzeburger emol keng 30%, a bei de portugisesche Matbierger emol keng 10%. Dat muss mer eis emol iwwerleeën, dass do e grouse Problem nach ëmmer besteet.

Dann, um Lëtzeburger Aarbechtsmaart si 50% vun den nei geschafenen Aarbechtsplaze Bac+-Aarbechtsplazen. 50% vun der Immigratioun, déi mer op Lëtzebuerg komme loosse, si Bac+-Diplomanden. Duerfir musse mer hei wierklech eppes maachen, fir méi Leit ze kréien. Mir kënnen net dauernd kräischen, mir hätte keng Lëtzeburger méi mat Héichschoulof Schloss an der Privatwirtschaft zum Beispill, well de Stat géif se all huelen, wa mer net insgesamt kucken, dass méi vun eise jonke Leit iwwerhaupt zu engem Héichschoulof Schloss kommen. Wa mer der méi hunn, ob et Lëtzeburger oder Netlëtzeburger sinn, wat mer méi Leit och hunn am Stat an am Privaten dobaussen. Ouni mussen déi zwee,...

## (Interruptions)

Ech bewonnere meng Rou!

## (Interruptions)

Dat, wat mer hei maachen, an ech soen dat als een, deen zweemol Bologna-Konferenze presidéiert huet, ass eppes, wat an Europa an alle Bologna-Konferenze Studenten ëmmer erëm verlaangt hunn: nämlech jiddwerengem, onofhängeg vun der Situatioun vu sengen Elteren, d'Méiglechkeet ze ginn, Héichschoulstudien ze maachen an och onofhängeg dovunner musse schaffen ze goen. Hei kann een zousätzlech schaffe goen. Wat wichteg ass, dass een dat och mécht. Mä et muss een net.

An Däitschland ass eng grouss Diskussioun am Bologna-Prozess ëmmer déi gewiescht, dass bis elo ganz vill Leit hu misse schaffe goen an doduerch hir Regelstudienzäit net fäerdeg bruecht hunn, well se eben ze vill geschafft hunn. Hei maache mer just de Contraire.

A wien ass dann de Gewënner heivunner? De Gewënner ass de Student. An déi eenzeg Fro, déi eis interesséiert, dat ass déi, wat mer dem Student elo zur Verfügung stellen.

Erlaabt dat all Student, dat ze studéieren, wou e wëllt studéieren? Mir hunn déi Zuele geholl vu London City, vu Paräis. Mir bréngen et fäerdeg, dass jiddwereen dat ka maachen, dass kee sech hei benodelegt fillt, dass jiddwereen dat ka maachen, wat e wëllt. E muss jo net all Hëllef besprochen, mä e kritt esou vill Hëlfe, wéi e brauch, an e muss selwer décidéieren, wat e mécht.

Ech hunn déi lescht Zäit mat ville Leit geschwat, och Elteren, déi natierlech gesot hunn: „Mir finanzéieren eise Kanner d'Héichschoulstudien, mä mir hätten awer gär, dass se dat studéieren, wat mir gesinn, wat gutt ass fir hir Zukunft.“ Ech mengen, et ass awer wichteg, dass mer hei och déi jonk Leit responsabiliséieren. An dat ass am Projet mat dran.

Iwwregens ännert do näischt par rapport zu virun. Och virun huet ee missen en





Zyklus an engem Joer ofmaachen. Just, dass effektiv en Ënnerscheid war, dat huet den Här Adam richtig gesot, wat e Problem vum aktuelle System war, Bologna-, Net-Bologna-Studien, do waren Diskriminationen dran an déi ginn och heimmadder an engems mat ofgeschaf. Dat wousste mer. Den Ombudsmann huet mer eng Kéier gesot, duerch dat heite Gesetz géif de Gong eis retten. Well de System war virdrun net richtig an deene leschte Joren. Dat ass esou. Den Här Adam huet mat där Kritik absolut Recht.

Nach eng Kéier, de Gewënner ass de Student. Et ass wichtig, dass e selwer seng Responsabilitéit hëlt. A mir gleewen un eis jonk Leit, dass se net einfach Suen huelen, fir an d'Vakanz ze goen, mä dass se effektiv sech Gedanke maachen, wat fir hir Zukunft gutt ass. Well, wann ee bis ufänt, de Prêt zréckzebezuelen, da weess ee guer net, ob d'Elteren nach iwwerhaupt capabel sinn, matzëhëlfen oder net matzëhëlfen. Duerfir ass et hei wichtig, dass mer an d'Zukunft kucken an dass mer och eng Planungssécherheet hei maachen.

Et ass richtig, dass ee ka soen, mir wëllen net de Student als Erwuessene kucken. Mir kucken d'Familljesituatioun. An d'Famill ass responsabel fir de Student. Ech hunn absolut Respekt virun där doter Haltung. Et ass net eis. Mä ech hu Respekt virun där doter Haltung. Mä och do muss ee soen, dass do keng Planungssécherheet ass.

Woufir? Majo, well souwuel den aktuelle System vum Kannergeld wéi dee vun de Boursen otemt mat dem Alter a mat der Zuel vun de Studenten. Dat heescht, et huet ee keng Planungssécherheet. Wann een haut an enger Famill ass vun dräi Leit, dräi Kanner, an zwee sinn op der Uni, natierlech ass dann d'Kannergeld méi héich an natierlech sinn d'Boursen da méi héich. Mä deen Dag, wou ee vun deenen ophält ze studéieren, da fält dat Ganz zesummen an et huet ee manner. Mir hu léiwer, jiddweree weess elo an Zukunft: „Du kriss pro Joer dat an dat an dat. An du kanns deng Planungssécherheet domadder opbauen.“

Domadder si mer och an Europa nu wierklech dat - ech wëll net soen, dee beschten -, mä dee favorabelste System. Net nëmme weinst der Héicht vun deem, wat mer ubidden, mä awer och, well mer dat maachen, wat déi skandinavesch Länner scho laang maachen - an duerfir hunn déi skandinavesch Länner vill méi héich Zuele vun Héichschoulofgänger -: nämlech dem Student onofhängeg vun den Elteren en Akomes ginn. E Prêt salaire, wéi de Ben Fayot dat an der Sprooch vu fréier genannt huet. Mä just dat wëlle mer maachen.

Da kënnt nach eppes derbäi. Duerfir soen ech dem Här Hoffmann, dass e falsch läit mat der europäescher Situatioun. De Problem ass, dass d'Héichschoul...

#### (Interruption)

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Ech hunn d'Fro opgeworf, ob!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Da géif ech lech dann eng... Da soen ech okay, ech zéien dat zréck, Dir läit net falsch. Mä ech soen nach eng Kéier, ech deelen dann Är Fro net oder d'Bedenken, déi ënnerschwellig zu Är Fro sinn. Well mer hei Héichschulsubventionen hunn, déi all Land anescht muss gestalten a ka gestalten.

Perséinlech si mir eigentlech, dat hu mer an all Bologna-Konferenz gemaach, der Meenung, et misst een en europäesche Basissystem hunn. Nämlech zum Beispill d'Portabilitéit. Een, deen hei seng Hëllef kritt, dee kann an d'Ausland goen. Dat erkläert sech aus der Vergaangenheet, well fréier hate mer keng Uni, sou dass mer dee System och gemaach hunn, fir iwwerhaupt Mobilitéit ze hunn. Ee vun Diddenuewen, deen eng Bourse kritt a Frankräich, dee kann déi Bourse net mathuelen op d'Uni Lëtzebuerg.

Ee vun de Punkten, déi mer ëmmer erëm an de leschte Bologna-Konferenzen dofir attackéiert hunn, dat ass just deen, fir ze soen, ma et wär gutt, wann een an Europa e portabele System hätt. Wann een dat bis eng Kéier huet an eng europäesche Basis mécht, da kann een erëm aner Gedanken och féieren. Mä zurzäit kann awer keen eis

dovunner ofhalen ze kucken, eppes fir d'Leit vun eis aus dem Land ze maachen.

Dann nach zum Schluss, well d'Madame Jacobs och nach eventuell eppes wollt soen, ee Wuert iwwert déi sougenannten Härtefäll. Zum Éischten zum Handicap. Do ännert strikt glat a guer näischt par rapport zum aktuelle System. Strikt glat a guer näischt! Weder bei de Boursen nach bei den Allocation-familialen. Well niewent deenen 1.000 Euro, déi och elo virgesi waren, just, dass bis elo bei Cas exceptionnels et graves nëmmen den Handicap virgesi war, an an Zukunft mer dat ausdehnen am neie Gesetz.

Dat war ee vun den Amendementen, déi mer zesummen - Här Thiel! - an der Kommissioun diskutéiert hunn a gemaach hunn. Niewent deene Fäll kritt een, dee méi wéi 50% Handicap huet, och an Zukunft nach ëmmer d'Allocation pour personnes gravement handicapées. A bis elo huet awer ni en handicapéierten Héichschoulstudent sech bei eis beschwéiert, mir géifen em net hëllefen.

Duerfir soen ech, och an Zukunft kucke mer Härtefäll. Mä wat ass en Härtefall? En Härtefall kann een awer net soen: „Et geet menger Famill elo méi schlecht.“ Härtefall ass: „Ech soen, ech kommen aus enger Situatioun,...“ - do kann d'Famill effektiv eng Roll matspillen, Famille nombreuse kann eng Roll matspillen - „...dass ech trotz Ärem grousszüege System awer net kann dohinner studéiere goen, wou ech wëll.“ Sou, dat ass dat Éischt. Dat sinn déi 1.000 Euro.

An dann hu mer nach, och dat ännert net, eng Ligne budgétaire fir Étudiants nécessaires. Dat ass dann den Härtefall vum Härtefall, fir emol an Ärem Langage vun Härtefäll ze bleiwen, wou mer dann och nach kënne hëllefen. An dat decidéiert net de Minister kraft seines Amtes, dat hëlt en opgrond vun enger Kommissioun. Duerfir fannen ech dat e bësse komesch, wa gesot gëtt, et muss ee Bittsteller sinn. Do sinn nämlech just Studentenorganisationen dran: zwee Représentantë vun der ACEL, ee Représentant vun der UNEL - mat der Hoffnung, dass dee sech méi oft weist -, an déi diskutéieren dann och iwwert deen dote Fall.

#### (Interruptions)

Duerfir mengen ech, dass ech... All, ech mengen, all Faktioun huet et praktesch gesot, mir sollen eng Evaluatioun maachen. D'Membere vun der Chamberskommissioun wëssen, dass d'Regierung gesot huet, dat zielt nämlech och fir d'Schoulministesch, wat all déi ubelaangt, déi nach an de Lycéee sinn no 18 Joer, dass d'Regierung bereet ass, hei eng Evaluatioun ze maachen.

Mir mengen, dass dee System e gudde System ass. Mir mengen, dass e genuch Méiglecheete gëtt, fir ze ootmen. E Gesetz ass ëmmer fir de Regelfall do, muss awer kënne Léisunge virbréngen, wann exceptionnel Fäll géife kommen. Ech mengen, dass dat heite Gesetz dat mat sech bréngt. An duerfir wär ech frou, wa mer dat hei géife stëmmen. Mir mengen, dass et e gutt Gesetz ass. Mir si selbstverständlech bereet, an engem Joer hei d'Evaluatioun ze maachen. A mir mengen, dass vläicht déi Evaluatioun, neen, sécher déi Evaluatioun net esou schlecht ausfällt, wéi Verschiddener vun lech haut fäerten.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Héichschoulminister. D'Madame Jacobs wëllt net méi intervenéieren. Den Här Berger huet d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Jo, Merci, Här President. Just ech froe Parole après ministre, fir eppes nach eng Kéier kloerzestellen. Virdrun, ech hat bei menger Ried net verallgemengert a gesot, datt all Student u sech géif kucken, esou mann wéi méiglech op d'Uni ze goen a kënne da mat deene Suen eppes anescht ze maachen.

Ech hunn einfach an engem Beispill gesot, datt deen ee Student vläicht méi Sue brauch wéi deen aneren. Ech hunn zwee extrem Beispiller geholl. Een, deen um Lampertsbierg wunnt an op d'Uni Lëtzebuerg geet, kéint eventuell manner Sue brauche wéi een, deen op London geet.

Ech wollt also hei nach eng Kéier kloerstellen. An ech hat dat virun allem och an deem Kontext gesot, datt ee soll méi bedarfsorientéiert a sozial gerecht Subsidien aféieren, amplat mat der Stränz an Zäite vu spueren duerzefueren.

Merci.

► **M. le Président**.- Okay. Merci dem Här Berger. Domadder si mer um Enn vun der Diskussioun. Den Här Colombero freet nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Jo, Här Minister Biltgen, ech hat lech eng Fro gestallt mam Crédit d'enfant. Wéi ass dat elo, déi 1.000 Euro do? D'Halschent gëtt rembourséiert, déi aner gëtt als Prêt ugesinn. An deen zweeten Deel net.

#### (Brouhaha général)

► **M. le Président**.- Här Minister, wann ech gelift.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Also, ech hunn am Brouhaha général, dee wahrscheinlech domadder ze dinn huet, dass den Tour de France elo eriwuer ass,...

#### (Brouhaha général)

...d'Fro net richtig verstanen. Ech wëll se dann... Also hunn ech richtig verstan? Oder sot vläicht d'Fro esou, dass ech se akusteschestinn, dann äntwerten ech och akusteschestrop.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- Bon, de Crédit d'enfant oder de Bonus...

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Ah, Bonus, okay.

► **M. Jean Colombero** (*ADR*).- De Boni d'enfant, deen ass jo ëmgeännert ginn. Deen ass jo ofgeschaf ginn. Et sinn 1.000 Euro amplat gesat ginn, a vun deenen 1.000 Euro gëtt d'Halschent als Prêt ugesinn. An déi aner, déi sinn net remboursabel. Dat ass jo awer e Verloscht vu 500 Euro fir d'Studenten.

► **M. le Président**.- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Soll ech eropkommen?

► **M. le Président**.- Dir kënnt och eropkommen.

#### (Brouhaha)

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Dat ass eng Fro, déi hu mer och an der Chamberskommissioun diskutéiert; et ass nämlech de Statsrot, dee se opgeworf huet. Et muss een op de Boni...

#### (Brouhaha)

► **M. le Président**.- Ech géif lech bieden, awer elo dem Minister nozelauschteren!

► **M. François Biltgen**, *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Et muss een op den Ursprung vun Boni pour enfant zréckkommen. Dat war effektiv e Crédit d'impôt, deen déi haten, déi Steiere bezuelt hunn. Dat war d'Steierklass Punkt 1, Punkt 2 fir d'Kanner. Dann ass de Boni pour enfant komm, wou gesot gëtt, jiddweree kritt deen op de Maximum, wat ee virdrun konnt als Steiere spueren. Hien ass allerdéngs iwwert d'Kannergeldkeess ausbezult ginn, well d'Steierverwaltung nëmmen déi kennt, déi d'Steiere bezuelen, net déi, déi net d'Steiere bezuelen.

De Problem, dee sech hei gestallt huet, ass, wann d'Kannergeld ewechfält, fält de Boni pour enfant och ewech. Mir hunn dann an enger éischter Phas an eisem Projet de loi gesot, mä da kritt de Student de Boni pour enfant, de CEDIES bezilt en aus. De Statsrot huet dann zu Recht kritiséiert, dass de Boni pour enfant eng aner Natur hätt an dass een deen net kéint als Aide financière ugesinn.

De Statsrot huet dann de Virschlag gemaach: „Wann Der schonn an engem neie System sidd, da bleift am neie System a sot, do ass eben dann och kee Boni pour enfant, well deen um Kannergeld awer gekoppelt ass am Ausbezuelen, ass och kee Boni pour enfant ausbezuelen. Dat hätt och eng ganz Partie juristech Froen ausgeléist. Mä dofir setzt einfach d'Aide-financière ëm 1.000 Euro an d'Luucht.“ Dat heescht, et ass net de Boni pour enfant, deen hallef remboursabel, net rem-

boursabel ass, mä et gëtt kee Boni pour enfant méi, an duerfir sinn op Contrepartie d'Boursen 3.000 Euro, also d'Aides financières 13.000 Euro an net 12.000 Euro.

► **M. le Président**.- Gutt, Merci. Elo komme mer definitiv zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6148 ass ugehall mat 38 Jo-Stëmmen, géint 12 Nee-Stëmmen an 9 Abstentionen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6148 est adopté par 38 voix pour, 13 voix contre et 9 abstentions.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par Mme Christine Doerner), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Raymond Weydert), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Mill Majerus), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.*

*Ont voté non: M. Robert Weber;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

*Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. André Bauler), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.*

Wëllt ee seng Abstention begrënnen?

#### (Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

#### Motions

Dann hu mer nach hei dräi Motiounen: eng vum Här Norbert Hauptert, eng vum Här Eugène Berger an eng vum Här Colombero, déi plus ou moins deeselwechten Objet hunn. An dofir freet den Här Thiel d'Wuert.

► **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Mir géife proposéieren, datt mer eng Prioritéit der éischter Motioun géife ginn.

#### Motion 1

► **M. le Président**.- Gutt, ech mengen, da géife mer déi éischt Motioun zum Vote stellen. Dat kënne mer à main levée maachen.

#### Vote sur la motion 1

Wien ass mat där Motioun d'accord?

► **Une voix**.- Här President, déi zweet geet awer méi wäit!

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Jo, also eis war besser, mä mir kënne déi do awer matstëmmen.

► **M. le Président**.- Gutt. Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass déi Motioun à l'unanimité ugehall.



**(Interruptions)**

Den Här Hoffmann hunn ech net gesi gehat. Den Här Hoffmann enthält sech also.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*).- Mir sollen d'Evaluation elo maachen an net an engem...

**(Interruption)**

► **M. le Président**.- Laut Artikel 87 vum Chambersreglement sinn d'Motiounen 2 an 3 domat hifälleg.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6113, enger Ofännerung vum Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert de Schutz vun der Privatsphär. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Thiel, Bettel, Fayot, Adam, Colombero an Hoffmann. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

**5.6113 - Projet de loi portant modification des articles 5 et 9 de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques et de l'article 67-1 du Code d'ins-truction criminelle****Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications**

► **Mme Christine Doerner** (*CSV*), *rap-portrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Geschicht vun der Datespäicherung am Viraus geet zrëck op eng Direktiv vun 1995, déi d'Memberstate verpflichtet, dem Bierger seng Grondrechter a Grondfräiheete sécher-zestelle beim Traitement vu perséinlechen Daten.

D'Telekommunikationsdateschutzdirektiv vun 2002 huet dës strengen Dateschutz vu '95 opgehuewen, an domadder war d'Späicherung bei de Providere méiglech. Eng europawäit Späicherungspflicht ass awer eréischt duerch d'Direktiv vun 2006 agefouert ginn, awer huet weder den Zougang nach d'Verwendung vun den Date geregelt. Et ass dës Direktiv, déi mir haut sollen ëmsetzen. D'Ëmsetzungsdélaie fir déi classesch Telefonie war de 15. Mee 2007, a fir d'Späicherung vun Internet-zougang an E-Maile war op bis de 15. Mäerz 2009, an dat, fir den Opérateuren Zäit ze loossen, fir dës enorm Zuel vun Daten ze verschaffen. Dës Direktiv bedeit eng europawäit Harmoniséierung vun der Datespäicherung a schaaft en eenheet-leche Kader fir all d'Provideren.

**(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)**

Irland hat géint dës Direktiv eng Requête en annulation agereecht, huet awer dee Prozess verluer. An engem Uerteel vum Mee dëst Joer huet den Europäesche Geriichtshaff befonnt, dass et sech hei net ëm eng Form vu justizieller Zesummenaar-becht handelt, mä de Schwéierpunkt vun dëser Direktiv läit an der Regelung vu gläiche Wettbewerbsbedéngungen tëschent privaten Zougangsprovideren a Verbrauerschutz.

Däitschland sengersäits hat schon 2007 dës Direktiv ëmgemat, ass awer ze wäit an der Ëmsetzung gaangen. Dofir hate 34.000 Bierger beim Verfassungsgeriicht zu Karlsruhe sech beschwéiert. Si ware vun dësem Transpositionsgesetz beonrouegt. Den 2. Mäerz dëst Joer huet Karlsruhe decidéiert, dass europarechtlech e korrekte Grondrechtsschutz besteet, dass kee Verstouss géint d'Mënschewürd ersichtlech ass an dass d'Späicherung vun Telekom-munikationsdaten e legitimen Zweck ver-follege kann.

Ech wëll nach derbäi soen, dass och nach dëst Joer am Mäerz och vum Europäesche Geriichtshaff an engem Uerteel festgehal ginn ass, dass an deenen däitsche Länner d'Datenschutzkommissären net komplett onofhängeg si vun de staatlechen Autoritéiten an influenziert kéinte ginn.

Mir gesinn, dass an dëser Matière eng per-manent Spannung tëschent dem Daten-austausch an dem Dateschutz existéiert, an et muss ee kucken, fir deen am Équi-liber ze halen. D'Direktive vun 1995 an 2002 sinn an eist Nationalrecht ëmgemat ginn, an am Gesetz vum 30. Mee 2005, dat am Kader vum Paquet Telekom geholl ginn ass, ass d'Späichungsfrist vun zwielef op sechs Méint erofgesat ginn an den Artikele 5 an 9.

Wa mir elo d'Vorratsspäicherungsdirektiv vun 2006 an eist nationaalt Recht ëm-setzen, ginn dës zwee Artikelen, de 5 an den 9, erneit erëm eng Kéier op verschid-dene Punkte geännert.

Wie Späicherung seet, denkt och Sécher-heet. Dës Projet huet de Grondrechts-garantien an dem Schutz vum Privatlieve Rechnung gedroen.

Mä wéi bei all dës Garantien ass den Ugrëff zoulässeg, wann en am öffent-lechen Interessi, op enger legaler Basis an och verhältnisméisseg ass. Den initialen Text vun dësem Projet gesäit vir eng Spä-cherungspflicht fir all öffentliche zougäng-lech Provideren, an dat vu sämtlechen Daten, déi an hiren eegenen Dénsgchter an Netzer generéiert oder verschafft sinn, an zwar zum Zweck vun Enquête vu Stro-fdoten, op deenen eng kriminell oder cor-rectionnel Strof vun au moins engem Joer Prisong steet. Mä dës Späicherunge kënnen nëmmen duerch eng Ordonnance vum Juge d'instruction opgeruff ginn. D'Späicherungspflicht gëllt also pauschal fir all Daten am Zesummenhang mat Téléfon an SMS-Verbindungsdaten, an dës Ver-flichtunge gëllen och elo fir Internet-zougang an E-Maile.

Et handelt sech am Artikel 5 ëm Ver-bindungsdaten, déi Auskunft ginn iwwert d'Ruffnummer, den Ufank an den Enn vun der Verbindung no Datum an Auerzäit ge-späichert respektiv protokolléiert bei Inter-net-Daten. Den Artikel 9 regléiert d'Spä-icherung iwwert d'Lokalitéit, vu wou aus kommunizéiert ginn ass. Nei ass hei d'Spä-icherung vun erfolleglosen, onbeäntwer-teten Uriff. Si ginn och elo ofgedeckt fir justiziell Zwecker. Et dueren absolut keng Daten iwwert den Inhalt vun der Kommu-nikatioun an och keng Daten iwwert d'In-ternetsäit gespäichert ginn. Dës Date mussen elo fir sechs Méint den Autoritéite fir strofrechtlech Prozedure verfügbar bleiwen, da gi se geläscht.

De Parquet général a sengem Avis ass iwwerens der Meinung, dass den Délai ze kuerz ass a gëtt oft dem Unter-suchungsriichter kee grouse Spillraum a sengen Enquêtes. D'Daten duere vu vireran also nëmmen zu bestëmmte pre-zissen Zwecker gespäichert ginn an esou, dass bei der Späicherung scho genügend garantéiert ass, dass dës Daten nëmme fir esou Zwecker kënnen verwent ginn. Dat wëllt soen, d'Gewiicht vun der Date-späicherung ass domadder gerechtfertegt. Domadder ass d'Portée fir de Bierger vir-auszegesinn, awer gläichzäiteg och be-grenzt.

De Provider huet nom amendéierten Text eng Verpflichtung, wat d'Qualitéit an de Schutz betrëfft vun dëse gespäicherten Daten, an dat mat technesch an organi-satoresche Moosnamen.

Den initiale Projet vum Gouvernement hat d'Méiglechkeet virgesinn, de Stockage engem Drëten unzevertrauen. Dat hätt den Avantage vun Zentralisatioun, vu Sé-cherheet, vu vereinfachtem Zougang a selbstverständlech och vu Käschtereduk-tioun beim Stockage. D'Kommunikations-entreprisen hunn iwwerens nach ni eng Käschtenentschiedegung gefrot fir dës Ver-waltung, déi am Intérêt vun öffentlichen Zwecker gemaach gëtt.

Esou, wéi d'Finanzéierung vun der Vor-ratsspäicherung net an der Direktiv ge-regelt ass, esou läit och d'Definitioun vu schwéiere Strofdoten net an der Direktiv, mä an der Hand vun all eenzel EU-Memberstat. Dofir huet d'Kommissioun sech ganz gewëssenhaft mam Begrëff vun Infraction grave auserneeget.

D'Direktiv 2006 verweist drop, dass d'Telekommunikationsdaten e wäertvollt Instrument bei der Verfolgung vun Infractione sinn, besonnesch an de Beräicher vun Terrorismus an organisierter Krimi-naliteit wéi zum Beispill dem Blanchiment.

Theoretisch gëtt et verschidden Appro-chen, fir de Kritär vun enger schwéierer Strofdot festzeleeën, duerch eng Lëscht entweder vun Infractionen oder awer opgrond vum Seuil de peine. Vu dass an der Praxis dës Lëschten en Opwand mat villen Désavantages duerstellen, ass de Kritär vum Seuil de peine zrëckbehale ginn. De Conseil d'État ass d'accord mat engem Seuil vun enger Prisongsstrof vu respektiv ab engem Joer, an zwar aus folgenden Ursachen: Et ass e Kompromëss tëschent Individualrechter, déi fir eng méi héich Fräiheitsstrof plädéieren, awer och e Kompromëss gläichzäiteg, wat d'Effizienz vum Stroprozessrechtssystem bedeit, dee selbstverständlech fir méi en niddrege Seuil vun der Peine steet.

D'Commission consultative des droits de l'Homme an och d'Dateschutzkom-missoun kritiséieren dës Method,...

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Christine Doerner** (*CSV*), *rap-portrice*.- ...well heimadder riskéieren eng ganz Rei vu Strofhandlungen an den Uwendungsberäich ze falen.

Wann een elo vum strofrechtleche Stand-punkt kuckt, da muss een hei dergéint-halen, dass dee besonnesche Charakter vu schwéiere Verbiechen, wéi d'Terrorismus-finanzéierung oder d'Criminalité orga-nisée, keng primär Verbrieche sinn a for-cément dës Verbrieche gewéinlech ëmmer eng aner Deliktgrupp virausgeet, déi awer kënnen hëllefen, eng Spur ze fannen op déi méi schlëmm Strofdoten.

Da muss een och nach bemierken, dass scho säit dem Joer 2005 dës Späiche-rungssystem zu strofrechtlechen Zwecker en vigueur ass, an obschonn iwwerhaupt keng Aschränkungen hei virgesi waren, ass bis elo nach kee Recht verletzt ginn.

Fir dass dës System fonctionnéiert, huet d'Kommissioun decidéiert, de Prinzip vum Seuil de peine festzehalen, mat der Bemier-kung, dass eise Justizminister, deen dat offréiert huet an der Kommissioun, vir-gesäit, déi Prisongsstrofe vu verschiddenen Infractionen ze iwwerschaffen.

Iwwerens fanne mir an dësem Rapport e Gesamteru vum Infractionen, wou d'Penaliteiten an d'Prisongsstrofe vu sechs Méint bis zéng Joer opgelëscht sinn. De Parquet général regrettéiert senger-säits, dass den Accès un d'Späicherdate sech limitéiert op Delikter a Crimé mat Prisongsstrofe vun engem Joer.

Ausserdeem ass am amendéierte Projet festgehalen, dass den Datenoeruff vum Un-tersuchungsriichter muss autoriséiert ginn. Dat heescht, dass d'Zrëckgräife vun der Police an der Hypothees vun engem Flagrant délit oder Flagrant crime, dat ass net méiglech. Domadder kann ee soen, dass d'Ordonnance vum Untersuchungs-riichter eng gutt prozedural Garantie ass géint eventuell Abusen. A Rasterfahndunge sinn domadder net méiglech.

Ausserdeem proposéiert d'Kommissioun en neien Artikel 5 (2) anzeféieren, dee seet, dass d'Dateschutzkommissioun all Joers der Europäescher Kommissioun eng Statistik ënnerbreet zu dëser Datespä-icherung.

Schlussendlech huet de Gouvernement en Tableau de concordance opgestallt, dee weist, a wellechen Texter déi aner Dispo-sitiounen an Elementer vun der Direktiv transposéiert sinn.

Ech kommen zum Schluss a wëll soen, dass an dësem sensibele Beräich niewent dem Statsrot, dem Parquet général, der Nationaler Dateschutzkommissioun, awer och der Commission consultative des droits de l'Homme nach véier aner weider Chamberen, wéi d'Chambre des Salariés, des Métiers, de Commerce an d'Fonctionnaire-publicen, ganz gewëssenhaft an duerchduechten Avisen ofginn hunn. D'Mediëkommissioun huet Wäert drop geluecht, dësen Ureegungen an hirem Rapport Rechnung ze droen - e Rapport, deen ouni déi exzellente intellektuell a redaktionell Hëllef vun Greffe net esou gutt a schnell hätt kënnen geschriww ginn.

Mir kënnen dës Projet stëmmen. Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme le Président**.- Ech soen der Madame Rapporteur Merci. An ech géif dann als éischtem Riedner dem hono-rabelen Här Thiel d'Wuert ginn.

**Discussion générale**

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Sidd Dir dann och averstan, Här Thiel?

**(Hilarité)**

► **M. Lucien Thiel** (*CSV*).- Madame Pre-sidentin, Merci. Pardon, Här Bettel!

► **M. Xavier Bettel** (*DP*).- D'CSV ass zweemol averstan.

► **M. Lucien Thiel** (*CSV*).- Ah jo, jo, dat därff ee jo. Voilà.

Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Pre-sidentin, dee Projet, mat deem mir eis elo befaassen, ass nëmmen zwee Artikele laang. Eigentlech handelt et sech ëm soss näischt wéi ëm eng Detailännerung un engem Gesetz vum 2005, an dat opgrond vun enger Direktiv vun 2006. An trotzdem huet de Projet et a sech, wéi d'Diskussiounen an der zoustänneger Kommissioun an och ronderëm ähnlech Gesetzesprojeten am Ausland gewisen hunn. Ech denken do un eis däitsch No-peren, wou souguer d'Bundesverfassungs-geriicht huet misse beméit ginn. Aller-déngs hat dat mat der Ëmsetzung duerch Berlin ze dinn, net mat der Direktiv selwer.

Eis Rapportrice huet mat hiner eegener juristescher Akribie dee Projet selwer an och d'Iwwerleeunge vun der Kommissioun hei duergeluecht; iwwerens net vun där Kommissioun, déi hei am Haus fir d'Juris-terei zoustänneg ass, mä well et ëm d'Tele-phonéiere geet, där vun der Kommuni-katioun.

Ech brauch also net méi op de Contenu vum Projet anzegoen, dee grosso modo festhält, wéi laang d'Tracé vun Téléfons-gespräicher musse gespäichert an a wéi enge Fäll dorop zrëckgegraff ka ginn. De Prinzip vun der sougenannter Rérentioun steet net zur Debatt, well dee gouf schon am 2005er Gesetz festgehalen. Mä et geet virun allem ëm dee schwampege Begrëff „infractions graves“ am Zesummenhang mat der Bekämpfung vum Terrorismus an der organisierter Kriminaliteit, deen an der Direktiv vun 2006 steet an deen ëmsou méi problematesch ass, well mir eis hei op deem glëtschege Glacis bewegen, deen d'Exigence vun der Protektioun vun der Privatsphär op där enger Säit an d'Con-trainté vun der Protektioun vun der Allge-mengheet op där anerer Säit trennt.

Grad mir Lëtzebuerger wësse jo e Liddchen dovun ze sangen, well mir eis ëmmer erëm an d'Geschier leeë mussen, fir eisen No-peren de Sënn an d'Noutwendegkeet vun eise Bankgeheimnis - an dacks mat éischer männer wéi mat méi Erfolleg -kloerzemaachen, bei deem et sech an éischer Linn jo och ëm d'Privatsphär an där hir Ofgrenzung zum Stat dréit.

Et geet also engersäits dorëm, d'Dier viru méiglechen Iwwergrëff duerch d'Stats-autoritéit op d'Privatsphär zouzehalen, ouni awer deemselwechte Stat am Wee ze stoen, wann et sech drëm dréit, Krimi-nellen op d'Schlëch ze kommen. Dofir awer muss hie senge Servicer erlabe kënnen, am private Beräich ze schnoffelen, woubäi natierlech d'Haaptverständnengs-mëttel vun eiser Zäit, nämlech den Télé-phon, sech als ideaalt Instrument ubitt.

Eng Méiglechkeet, fir esou e staatlechen Agrëff an der Gitt ze halen, besteet natier-lech doran, fir exakt festzehalen, wéi wäit d'Autoritéiten därfe goen a wéini si iwwerhaupt därfe lassleeën.

Mir hu jo an der Vergaangenheet a Saachen Terrorismus deen een oder aneren hysterische Moment mat deenen ent-sprechenden Iwwerreaktiounen erlieft, wat een natierlech derzou unhält, méig-lechst virsiichteg duerch dat Minnefeld ze goen. An dësem Fall heescht dat, datt een de Begrëff vun den „infractions graves“ esou enk wéi méiglech agrentz an domat d'Angscht viru méiglechen Abusen zrëck-schrauft.

Fir dem Knätschgummsbegrëff vun den uergen Infractione méi prezis Contouren ze ginn, ass et néideg, d'Strofdoten, déi a Fro kommen, méiglechst genee ze be-schreiwen an hire Krees op e Minimum ze reduzéieren.